An all Dag schreiwe mir weider un der Tragödie vu Letzeburg. All Dag erliewe mir weider de' gro'ss Lektio'n, de' de Krich eis get. D'Auer vum Liéwen gét onbeirt hire Gank. Fir eis schle't d'Auer ömmer nömmen dat ént: Enegkét.

D'Unio'n

D'Unio'n erschengt all Woch am Verlag v. d. Unio'n Abonnement: 15 Fr. pro Quartal — Enzelnummer: 1.50 Fr. — Geschäfts- an amtlech Annoncen 2 Fr. pro Millimeterzeil. All aner Annoncen 1.75 Fr. — Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp- an Enneschtgäss — Telefon 5832/508 — Postscheck Nr. 6491 — Verantwortlech ass den Aktio'nscomité.

Jor 1 · No 13 . 23. Dezember 1944

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V. D. UNION) • ORGAN VUN DER UNIO'N • ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

Mam Herzbludd hu mir Letzeburg zreckeruwert!

EDITORIAL

Et wor an engem warme Summerdag virun enger Jorer 28. Do gongen zwé Letzeburger Jongen iwert d'Land spaze'eren. D'Sonn ass grad hannert de Koppen ennergäng an huet mat hire bluddegro'de Stralen d'Land iwerzun. Aus dem Dall hu vun alle Seiten d'Klacke gelaut an um Firmament huet e Le'wekerchen seng Kréser gezun. Vu fêren ko'm de Schall vu verspe'der Arbecht. Ennen um Feld go'ngen um Plo'eng Koppel schwe'er Bauereperd. De Geroch vum frösch geplo'te Buedem lo'g an der Loft. Et wor e Bild voll Arbecht a Fridden. Lâng stongen de' zwé uewen op der He'cht an hun dat Bild vun Arbecht a stöllem Fridden a sech opgeholl. Op émol sot den én: We' ass se dach eso' sche'n eis Hémecht a we' lo'nt et sech, hir ze dengen matt aller Kräft an all Gedank. A stell hun se' sech d'Hand gedreckt als en hellegt Verspriechen, deser Hémecht trei ze dengen bis an der Do't.

Dest Virwurt aus dem Max Goergen sengem Wierk „ONS HEMECHT" ass mer deser Dég beigefall we' ech vun der Unio'n beopdragt go'f, dest Referat ze iwerhuelen. Ech sin emso' fredeger deser Opfuerderong nokom, well se mer d'Geléenhét get dat ausernén ze léen, wat mir schons viru Joren vertrueden hun. Desem Programm sin haut dausende vu Letzeburger verbonnen. Si stin an fir des Hémecht, de' haut aus de'we Wonne bludd, a si wellen all hir Kräft asetzen zum Opbau vun dem neie Letzeburg. Well eppes neies ass um Kommen. Dofir hu mir Iech haut hier zesumme geruff fir Iech ze soen wat mer wölles hun, ... Iech zur Mattarbecht anzelueden. Haut wösse jo de' mécht we' d'Unio'n entstanen ass. Si ass erausgewues aus dénen énzelnen Resistenzgruppen, de' ve'er länger Jor den hémleche Krich ge'nt den Nazi gefo'ert hun. Den Zesummeschloss am März deses Jor wor de Gre'ssten Solidarite'tsakt ge'nt den Okkupant.

Et wor bestemmt ower och an der länger Geschicht vum Letzeburger Land de' e'schte Ke'er, datt sech d'Vollek o'ni Rücksicht op politesch oder konfessionell Belanger an enger neier Idé zesummefont huet, enger Idé, de' wuel schons viru 35 Jor gebueren, am Krich 1914—1918 fir de'scht an Aktio'n getrueden, duerno durch d'Emstänn verschwonnen an elo durch dat ongehe'ert Léd wat d'Land a Vollek an de vergängene Joren mattgemâch huet, definitif zum Durchbroch ko'm.

Wa mir nun ower wölle richteg verstoen, firwat mir haut eppes neies wöllen, wa mir wöllen den de'were Grond verstoen, firwat d'Vollek no de Joren vun Rau a Léd sech zum rengen Letzeburgertom bekennt, da musse mir e Schrack zreckgoen an d'Geschicht vum Land. Mir mussen all de' verschotten a vergiéssе Wéen opdecken, durch de' et me'glech wor an der Vergângenhét d'letzeburger Vollek vu sengem gro'ssen Zill, der Enegkét ofzelenken. Mir mussen da wuel muenches klorstellen wo' runner mir haut net gèren erönneren. Mir wöllen ower bestemmt an eisen Ausfe'erongen ke'ngem ze nôtrieden an och all dénen, de' an der Vergângenhét d'Geschecker vum Land gefo'ert hun, soll vun eiser Seit absolut ké Virwurf gemâch gin. Mé d'Geschicht ka net le'en.

Mir gin de Wé zreck bis zum Jor 1867., wo' se zo' London den 11. Mé d'letzeburger La..l fir e'weg neutral erklärt hun. De Kinnek Wöllem den Dretten vun Holland wor zo'gleich Gro'ssherzog vu Letzeburg. Durch seng Memberschäft am deitsche Statebond an durch Verträg aus de fre'ere Joren hat Letzeburg als Festongsstad eng deitsch Besatzong. De Londoner Vertrag huet Letzeburg zur offener Stad erklärt. Dodurch go'w d'Besatzong hifälleg. **A wat en Zo'fall! Den 9. September 1867** am Virmöttег verlössen de' lescht deitsch Besatzongstruppen Letzeburg. Bei hirem Ausmarsch aus der Stad defile'eren se virum Prenz Hary.

1944, den 9. September, 77 Jor me' spe't lafen de' lescht Preisen, de' d'Land ve'er Jor ennerjacht hun aus Letzeburg. Des Ke'er hun se keng Zeit fir ze defile'eren. A mir hoffen, datt mir ké me' eröm gesin.

Land a Vollek vu Letzeburg woren endlech frei. Mir hate wuel e friemе Gro'ssherzog, mé dén huet eis net vill gehönnert. Et ass ze verstoen, datt nodém Letzeburg zo' enger offener Stad erklärt wor, den Handel a Wandel eng gewessen Iwergangsperiod huet musse mattmâchen. Mé we' des Period bis eriwer wor, huet d'wirtschaftlech Liewen opgeble't, a besonnesch d'Schmelzen sin enger Period vun Prosperite't entge'nt gâng. Den Zollverein matt Deitschland go'w 1867 net als Hönnerness fir d'Neutralite't betruecht. Den Eisebunnsvertrag vun 1872, dé bis 1912 gelaf ass, wor me' oder we'neger önnert besonneren Emstänn ofgeschloss gin well nom Krich 70 Deitschland op der He'cht vun senger Muecht stong an de' aner Mächt vum Londoner Vertrag och vleicht der Usicht woren, dé Fait wir net eso' schlömm. Frankreich als ennerléent Land hat jo doran neischt ze soen.

A lues a lues huet Deitschland sech am Land brét gemâch.

An der letzeburger Politik huet scho Jore virum gro'sse Weltkrich d'Gro'ssindustrie domine'ert. A wien wor des Industrie? Et woren de' Hèren Stinnes, Tyssen a Konsorten. Matt geschekter Hand go'wen d'Fiédem vum wirtschaftleche Liewen gezun an niewelânscht d'Vollek matt gro'sse politesche Manöver vu sengen Intresen ofgelenkt.

(Get fortgesât op der 8. Seit.)

Régelong vun der Bauwirtschaft

Durch Regirongsbeschloss vum 28. Oktober 1944 go'f e Kommissariat fir Sofortmassnahmen fir d'Behiéwong vun de Krichsschiéd agesat. E Regirongskommissär go'f ernannt, dén d'Beschlagnahmong vun den no'twennegen Baumaterialien an Transportmöttelen durchzefe'eren hât. Entrepreneuren, Handwierker an Arbechter sollten och bestömmt gin fir des Arbechten durchzefe'eren. Wat ass an deser Sâch bis haut geschitt? Ech gléwen als Fachmann ro'eg soen ze können: net vill. Beweiser a Beispiller si genuch do. Nömmen é Fall: We' d'Granaten zu Hollerech an op der Gare ageschlon hâten, wor vill Glasschued entstan. Dén nächsten Dag wann et bei e Glashändler gang ass fir nei Fönsteren anzesetzen, krut én zur Äntwert: T'ass ké Glas do. An haut si bal sämtlech Glasschiéd behuewen. Wo' ko'm dat Glas hir? Secher net aus dem Dappland, et wor hei an de Lageren. De' betreffend Handwierksleit wollte me' he'ch Preisser we' de' virgeschriwen.

Bei de Krichsschiéd misst eng Kommissio'n ernannt gin de' bestömmt, wat un den Heiser gemat get, op se könne stoe bleiwen oder ofgerappt musse gin. De' Kommissio'n ge'f sech zesumme setzen aus dem Regirongskommissär oder sengem Vertriéder, dem Chef vun der Baupolizei, dem Chef vun de Baua Ste'ertruppen, engem Vertriéder vun den Travaux Publics, an dém betreffenden Architekt dén d'Arbechten an d'Expertise ausfe'ere soll. Selbstverständlech mussen de' Architekten schon um Viraus bestemmt sin.

Durpo tröt de Bau- a Ste'ertrupp an Aktio'n, de' baufälleg Déler gi gesprengt oder ofgedron, dat brauchbart Material get an e Lager transporte'ert wo' eng Kolonn Handwierksleit e a Surg hölt. Spe'der kann én do dat no'twennegst Material aussichen fir de' licht beschiédegt Heiser ze flecken, net we' et bis elo war (matt verschidden Ausnahmen), datt dat Material verschwönnt.

Eng aner Fro sin d'Transportmöttel. Haut he'ert én direkt, et si keng Transportmöttel do. Transportmöttel sin do, awer si musser agedélt gin, genügend Camioen sin do matt Holzgas oder Benzin, et brauch nömmen all Fahrt kontrolle'ert ze gin. A Benzin muss och do sin, well soss wéss ech net fir wat eso' vill Luxusmaschinne lafen de' keng Berechtegong hun. Matt der Eisebunn ass och schon eppes unzefänken.

Fir d'Reparaturen de' presse'eren sin Baumateriaлien genuch am Land, si brauchen nömmen erfässt ze gin. Wann en se net umeld laut Mattdélong vum 5. 12. 44 an et get én erwöscht, dann eng exemplaresch Strof, z. B. direkt seng Handelsermächtegong entzun. Well et ass haut eng patriotesch Pflicht, de' Bestandsmeldonge ze mâchen.

Sin d'Sofortmassnahmen fêrdeg, da könnt de Wiederaufbau. Hei muss eng Genehmegong beim Regirongskommissär ugefrot gin. Do ass besonnesch d'Pre'fong vun dém no'twennege Material virzehuelen, well dé Moment, wo' en Genehmegong kritt, ass de Regirongskommissär verantwortlech, datt de Bauhèr och dat no'twennegt Material zum virgeschriwene Preis kritt. Soss huet de ganze Musek ké Wèrt. Da ke'en de' kleng Leit hire Schued och ersat.

Et wär ower och he'ch Zeit, datt d'Preisser an der Bauwirtschaft festgesat ge'wen, well et ass net ze verstoen, datt eng Hausse vun 300 Prozent nom Stand vum 10. Mé 1940 ze verzéchnen ass. E Beispill: 1 Kubikmeter Mauerwiésen ass virum Krich 80 Frang bezuelt gin. Elo ass de Preiss 275.— Fr. Dobei sin d'Le'n an d'Materialien awer nömmen zirka 100 Prozent gestiegen.

Ech gléwen, dese Rot wär am Interesse vun der Hémecht. an och vun eisem Frang.

J. F.

> Wann et 1940 Flicht vun der Regirong wor, an d'Ausland ze goen, dann ass et elo grad eso' hir Flicht, heizebleiwen.
>
> Dat wèrt si jo och wössen.
>
> Mir proteste'eren dofir mat aller Energie ge'nt de' étälleg Ufroen a ge'nt all Gerüchten vun onverantwortlechen Elementen, de' der Unio'n zo'gescho'stert gin an engem Ament vu gre'sster Gefor a gre'sstem Léd, wo' mer all éneg musse sin.
>
> De' nidderträchteg campagne get nömme vun der fönnetter Colonn aus, de' eleng un enger Panik Intresse huet.
>
> Wa mir och a muenche Fäll d'Ledong vun de Staatsgeschäften kritize'ero mussen, da si mer ons ower och grad eso' bewosst, datt et onverantwortlech wir, elo net geschlosse ge'nt de gemeinsame Feind Front ze mâchen.
>
> Dofir Ro' vrun allem an Disziplin.
>
> D'UNIO'N.

Den obligatoresche Militärdengscht

An onser e'schter Nummer schreiwe mer op der zweter Seit an engem Artikel „Letzeburger un d'Front" dat hei: „D'Allie'ert hun ons de Wé freigemat, un ons ass et de Rescht ze man."

Mir hätten drophin erward, ons Regirong ge'f der No'twennegkét an der Stömmong Rechnong droen, eng Fréiwöllegenarme' beruffen a sech öm hir Arichkteng bekömmeren.

Ons Jongen zu Veian hu bewisen, datt et un Energie, Gescheck a vill guddem Wöllen net félt an et kann é sech froen, ob ons Leidd hätte plönnere mussen, wa mer eso' ons Ostgrenz besat gehat hätten.

Net datt mer ons abilden, de' pur dausend Mann hätten eng preisesch Panzerarme' lâng opgehalen, ma mer hätte soe können, mir hun iech bewisen, datt et ne'deg wor, d'Grenz ze besetzen a mer hätten dann och e Recht op de' Hölléf gehat, de' elo ons Leidd net me' dohém fönnt. —

Wann onse Premier vu London aus d'Generalconscriptio'n decrete'ert an durch d'Agence Reuter bekannt mecht, nodem se grad virdrun vu Leipzig aus per Radio an d'Welt go'ng, an nodém en ons heihem de Géendel behapt, dann hun ech fir eso' e Verhalen, dat durch neischt sech rechtferdege le'sst, keng Wirder me'. —

Mir woren der Usicht, datt e Militärdengscht agefe'ert misst gin, eso' bal eram eng Volleksvertriedong do wir, well keng Regirong an enger Demokratie d'Recht huet, vu sech aus an eso' wichtege Froen eng Le'song ze treffen.

Wuel huet d'Regirong 1940 vun der chamber Spezialvollmachte kritt, fir och an aussergewe'nlechen Ömstänn d'Land vertrieden ze können.

De' sin ower beschränkt durch den demokratesche Prinzip, fir dé Krich gefe'ert get, an dé fuerdert, datt keng lieweswichteg Fro o'ni den ausdreckleche Wöllen vum Vollek gele'st därf gin. Mir bilden ons net an eleng de Wöllen vum Vollek ze vertrieden, ma ower e ganz gro'ssen Dél dervun, an dém go'f just de contrair gesot.

A wann och d'chamber, we' s'elo nach bestet, d'accord wor, da wösse mer ons ower agestoen, datt de' chamber de ganze Volleksвöllen net me' vertrött.

Mir wöllen net unhuelen, datt d'Regirong schon am Exil des oder d'Verpflichtong iwerholl huet.

A wa si et gemâch hätt, da wir se weit iwer hir Rechter gâng, an se misst dermat rechnen, datt d'Land net onbedengt zu déne Verflichtonge ge'f stoen, fir de' et net gefrot go'f, an de' et och des ze'ert durch friem Zwöschestellen he'ere muss.

Si mer nach souverän oder net?

Wofir ass d'Regirong ebémol eso' presse'ert en Decret erauszegin, just am Ament, wo' d'Zesummestellong vun enger assemblée consultative hir eventuell d'Me'glechkét ge'f de ganze Volleckswöllen ze he'eren?

An d'Land huet en hellegt Recht, an eso' Fäll gefrot ze gin, wann d'Regirong nach no demokratesche Prinzipie rege'ere wöllt.

Mir stellen also fest, datt d'Regirong dem Sönn no de' Befugnesser, de' d'Land hir 1940 durch d'chamber gin huet ‚iwerschratt a mössbraucht huet.

Si versicht, d'Land önnert eng onerdre'glech Momperschaft ze stellen, de' am direkte Widdersproch stet zo' den demokratesche Prinzipien.

Si hat zwar d'Missio'n, ons am Ausland ze vertrieden, mé si verkirpert net d'ganzt Land!

D'Letzeburger Vollek si mir allegur, mir, de' dohém an dobaussen am Krich fir d'Land gelidden a gestridden hun.

Wuel gehe'ert dozo' och ons Regirong, mé si durf ons net vum Ausland aus dikte'eren.

r.

Muss dat sin? Fir wat net we' zu Pareis?

Fir wat gin hei zu Letzeburg d'Baren an d'Danzingen net zo'gemâch we' zu Pareis, bis de Krich veriwer ass? Wann den de Gaulle dat fèrdeg brengt, da könne mir dat och. An 't ass och ganz richteg. 'T ass villzevill Misär am Land, fir elo nach niewebei Jazz ze spillen. 'T ass eis jo 4. Jor net schwe'er gefall fir net ze danzen, da wèrte mir et och nach en halleft Jor packen, bis d'Fo'er eröm opgét. Wién ass eigentlech nömmen eso' op d'Danzen versiéss? 'T sin dach nömmen de' de' net vill vum Krich gespurt hun, dann dat lichtsönnegt Gesebir an dann nach eng Portio'n Leit, de' net drun denken, datt der nach vill vun eise Letzeburger an eso'gur vun hirer Familjen dower am Preiseland sötzen.

Lösst also ere Bén nach eng kurz Zeil Ro'. Nom Krich höllefe mer allegur gère matt.

Mirkt iech dat och elo fir Sylvester a fir d'Fuesend!

Et si keng Zeiten, fir sech z'amuse'eren, wa mer drun denken, datt zönter de lèschte Samschdeg d'Preisen erém am Land sin, eis Dirfer zersche'ssen a verbrennen, datt eröm vill Letzeburger hu missen se'er evakue'ert gin, o'ni irgend eppes könne mattzehuelen vun hire Sâchen, datt eröm vill Ve' vun de Preisen matt „Heim ins Reich" geschléft get, datt eröm e söllechen letzeburger Jongen vun de Preisen erschoss gin, o'ni vun dénen anere Sauereien ze schwätzen, de' se nach vleicht mâchen.

Denkt dorunner! A wann der e Kribbelen an de Bé spirt, an der mengt, der möst danze goen, da frot iech ro'eg:

Muss dat sin?

Erkenntlechkét

Iwer d'Sâch vun eise verstoppte Jongen ass schon eso'vill geschriwen gin, iwer de Courage an de Freihétssönn vun dénen, de' geflücht sin, iwer den Affergéscht vun hire Beschötzer, all dat ass schon an allen To'narten ervirgehuewe gin. Mé un eng kleng Wonn ass, we' et sche'ngt, kén eso' king ze re'eren. Et ass d'Fro vun der Dankbarkét, Jongen! We' hut dir iech an de leschte Me'nt vis-à-vis vun dénen, de' iech so'vill Gudds gedoen hun, beholl? Hu dir och schon dru geduecht, déne merci ze soen, de' hir Ro', hir Zeit, hirt Verme'gen, hir Freihét fir iech geaffert hun. Hu dir de Wé net ze weit fond fir eröm eng Ke'er bei si ze kommen a si ze froen, ob dir hinne net könnt en Dengscht léschten?

Kuckt, Jongen, ech komme vill eraus bei eis Baueren an der ganzer Ömgegend, an dann he'eren ech all Dag de'selwegt Kloen: „Mir fanne ké Kniecht a kén Dole'ner; mir kre'en net gedengen et an net gese'nt, alles bleiwt leien well mir kén hun, dén eis hölleft". — Jongen, hut dir ni drun geduecht, well bei ären fre'ere Bro'ther gengt, an dir ge'ft him, so' weit we' der net voll beschäftegt sidd, a gudden fréien Deg är stärk Ärm zur Verfügong stellen. Ech wetten, dir ge'ft domat villmi me' Dank aléen, we' wann der ërem Bro'ther e Cadeau oder e Souvenir schecke ge'ft, a bir dir ge'ft bestömmt owes erem voll befriddegt hém fueren. Gläwt mir, ech schwätze net an egnem Intresse, well ech brauch kén, dé mer hölleft. Ech fannen ower, datt dir do dat de eppes ganz Guddes könnt mâchen.

Allo Jongen, e gudde Coup, an 't wärt scho klappen.

D. N.

Nationalerze'onk

„Mir hu gestanen an denge Virhäff, O Jerusalem, dat fir ons als Hémecht gebaut go'f... Zu dir sin d'Volleksstämm higepilgert... Bei dir so'tzen d'Rîchter zo' Gerîcht... Furdert vum Himmel datt e Jerusalem :at soll gin, wat em zum Fridden dengt..."

Gedroen durch de Rythmus vum Psalm, gedroen vu patrioteschem Stolz a vun der Fréd, de' helleg Stad eremzegesin, klammen d'Pilger de ge'e Wé op, dén em d'Stad fe'ert, si vergiéssen all Me' all Beschwe'erlechkét, si vergiéssen Dûscht an Honger, well et dauert net me' lâng, da stin se vrum hellege Jerusalem.

Wann e Vollek vun senger Hémecht a vun hirer Bestömmong eso' eng Idi huet, da verstét én, datt him neischt ze schwe'er ass fir si ze verdédegen; datt den Do'd nömmen e Rûmestitel weider ass, wann domatt d'Freihét erkâft ka gin.

Da begreift é schlisslech desen enkhèrzegen, trotzegwöllen an iwerstolzen Patriotissem, dén émol net me' de gerengste Kontakt matt den anere Völker erdroe konnt an dén eso' daks matt grad eso'vill Héroïssem we' Ongeschekkerlechkét versicht huet, dat verhâsst re'mescht Joch ofzewerfen.

Eso'gur wann se zerste'ert ass, kann eso' eng Hémecht net önnergoen.

D'Lidder vun den Dichter, hir Psalmen an Hymnen, hun d'Hémechsle'ft, den Hémechsgedanken onstirflech gemât.

An engem Wurt: Der Poesie verdankt de jüdesche Patriotissem seng Existenz a sei Fortbestoen.

De Patriotissem bei de Griechen.

Hun d'Griechen enert Patriotissem daselwecht verstan we' d'Juden? — Nén. Den Önnerschéd ass se'er gro'ss töschent engem Hellén an engem Israelit.

Wa Jerusalem fir d'Juden d'Hémecht vun hirer Se'l, d'Zentral vum Glawe wor, da bid Athen ons e ganz anert Bild vun der Hémecht.

Jerusalem war d'Stad vum Friden. Athen ass d'Stad vun der Vernonft a vun der Sche'nhét. Jerusalem verle'ert ni d'Le'ft vu senge Kanner, ob et gro'ss a sche'n do stét oder a Ruine leit; Athen ower richt sech stolz ennert dem Schutz vun der Minerva op, den Helm um Kapp, d'Lanz an der Hand, matt engem Bleck vun dém d'mönschlech Vernonft sech bezaubere le'sst.

Et ass onme'glech hu schon de' Al Al behapt, émol nömmen den Damp gesin ze hun, dén aus de Kameiner vun Athen an d'Lucht gét, o'ni sech fir ömmer an deser Stad niderzelôssen. Well Athen wor och eng Wonnerstad, de' durch hir genal Kanner d'Mönschhét d'Le'ft zur Feihét an de Kult vun der Sche'nhét gele'ert huet. Athen wor d'Zitadel vun alle birger- ö mönschlechen Dugenden. Athen erschengt ons trotz senge Féler, Irtömer a Skandalen als Stad vum Wössen, als d'Verkirperong vum Sche'nen.

D'Azurfarw vu sengem Himmel d'Blo vu senge Mîren, de Marberglanz vu senge Fielsspötzen, den Iwerfloss vu sengem Wuesstom, d'Wéchhét vu sengem Klima, d'Harmonie vu senger Landschaft, d'Kraft, d'Beweglechkét an den Iescht vu sengem Genie hun Athen zum Ideal vun der Mönschhét gemat.

All nobel Kalite'ten verschmelzen sech an deser Hémecht. D'Dichter sin zugleich Kriger, d'Kriger zugleich Filosôfen.

De Sophokles, dén zwanzegmol an den Dichterkonkuren gekre'nt go'f, huet scho matt fofzeng Joer fir d'Freihét vun der Hémecht bei Salamis gekämpft a spe'der he'ch Staatsämter bekléd, we' z. B. de Kommando vun der Expeditio'n ge'nt Samos.

De Plato wor en Athlet matt respektable Muskelen, wann et wo'er ass, datt hié sei Num vu sengem Turnméschter krit huet, well en eso' brét Schölleren hat.

De Sokrates, de Méschter vun de jongen Athener, huet sech ömmer daper als Zaldot gehalen. Eso'gur an der Schluecht bei Potidäa huet hien sengem ausgelôssene Schüler d'Liéwe gerett, an et schengt, we' wann en och bei Delium den Zenophon dem secheren Do'd entrass hätt.

All sin se sche'n an daper, we'negstens wa mer d'Wirker liésen, de' se ons hannerlôss hun, an de' ons erlaben, nach haut festzestellen, watfir Idealen se démols haten, no wat se démols gestriéft hun.

Mé de griechesche Patriotissem huet seng Kraft net eleng aus der Le'ft zur Hémechsird gezun, aus der Materialite't vun allem wat sech an der Hémecht fent. Gewöss huet jidfer verbante Griech, besonnesch dén, dé vum Ostrazissem getraff wor gin, gewenscht, vru sengem Do'd we'negstens nach émol vu weit Athen ze gesin. Gewöss hun d'Griechen sech gären un all de' bekannt Plazen erönnert. Et get ké griecheschen Dichter an dém mer net én oder dén aneren Urt besonge fannen eso'gur muencher Lokalite't vun dèr haut abselut keng Spur me' bestét an de' mer nömme me' aus den Dichter kennen.

D'Poesie an d'Zeit hu bei de Griechen se'er vill idealise'ert. Den Homer, de Sophokles, den Euripides hu ganz banal kleng Neschter, rau Fielsen an arm Dxlier onstirvlech gemach, we' z. B. Mykenä, Argos, Theben, Salamis, Marathon. Alles wat sech do ofgespillt huet, wär scho lang vergiess, wann net d'griechesch Poéten an hire Lidder, de' me' zolid woren, we' de' honnert Purte vun Theben et erziélt hätten. D'Hellénen hun also gewöss un der materieller Existenz vun hirer Hémecht gehang; mé wat fir si nach vill me' Wert hat, dat wor de' wonnerbar Irwschaft vun Idéen an Idealen, de' hinnen iwerkom wor vun dénen, de' vrun hinnen d'Hémecht opgebaut. D'Hémecht wor fir den Athener net nömmen dat Ackerland, dat hir Pxpp geplo't a bese't haten, dé Kep Ird, wo' se hiren e'wege Schlof gehal. Et wor net eleng de' do'deg Vergangenhét, et wor de' e'weg Erneierong vu senger Filosofi, senger Poësie a sengen Institutio'nen. Et wor seng Aesthetik a seng Freihét. Et wor de' duebel Le'ft zur Sche'nhét an zur Onofhängegkét, de' Jorhonnertelang dem Griechevollek d'Kraft gin huet, fir de' friém persesch Eruwerer zreckzewärfen. D'Sige vu Marathon a Salamis sin offenbar dem Mut zo'zeschreiwen, mé net manner enger ganz spezieller Mentalite't, engem Idéekrés, enger Zivilisatio'n. An deser Mentalite't huet ower de Patriotissem eng Plaz ageholl, de' net hannerun dèr vum Héroissem zreckstong. Iwerhapt erklärt den Heldmut vun de Griechen sech nömmen aus hirer Zivilisatio'n eraus, de' allen aneren démols weit iwerlée wor.

E Mann schengt ganz besonnesch d'Griechevollek ze vertriéden, d'Griechevollek a senger Perso'n durch sei Liéwen an durch seng Riéden ze reprxsente'eren. Ech mengen de Perikles, de gre'sste Mann vum 5. Jorhonnert vru Christus. Hié wor zu gleicher Zeit e geriwene Statsmann, e Protekter vu Konscht a Wössenschaft, en dichtegen Zaldot, e bedeitende Riédner, en Dichter, dén et verstan huet, d'birgerlech a militäresch Kalite'ten vu sengem Vollek op den he'chsten Niveau ze brengen. Sei Verdengscht, ofgesin vu senge Féler a Schwächen, ass haut net manner gro'ss we' démols a fxllt op d'Stad Athen, fällt op d'ganzt griechescht Altertom zreck.

Den Historiker Thukydides, dén sei Rival an der Politik wor, get a senger Geschicht vum peloponnesesche Krich e pur Riéden vum Perikles erem, de' ons erlaben, ons eng Idi ze man vun der athenescher Hémecht a vum Kult, dén d'Athener hir entge'ntbruecht hun.

(Get fortgesat.)

Eng kleng Fro un de Kadaster

Zönter e puer Dég krit én an de Butiker nés nei Landkarten vum Letzeburger Land ze kafen, en Artikel, dén och am Krich verschwonne wor. Mé et ass eppes sche'ns! Ass et net me'glech, datt onse Kadaster eng nei Kârt eraus get matt letzeburgesche Nim? Wann én am Kadaster e Gemengeplang geseit, da fönt én, datt all de' verschidden Plazen matt letzeburgesche Nim agesa sin z. B. op der Meierchen, a Seitert, an de Wisen a. e. w. Wann dat fir de' verschidden Plazen me'glech ass, da könne mer och e Schrack me' weit goen an de' énzel Dierfer och mam letzeburger Num nennen. Do breichten blo'ss de' énzel Landgeometer de' verschidden Nimm an d'Stad ze schecken fir de Fall, wo' mir se net all kenne ge'wen, an am Kadaster könnt dann de' ganz Sâch geännert gin.

Elo könt jo ons Sprôch glecklecher brauch an da könt jo d'letzeburgesch Geographie op Grond vun der neier Landkart an der Scho'l grad eso' gudd op letzeburgesch gele'ert gin ewe' op deitsch. Ech mengen, et mecht de Kanner vill me' Spâss, wan s'eso' an der Geographie eremrésen können; de' deitsch a franze'sch Nim le'eren se me' spe't.

Wat nun de' friem Touristen ubelângt, de' ons Sprôch net verstin, dat ass net schlöm, de' brauchen dach blo'ss hir Autoskârten ze huelen an de' sin all an enger friemer Sprôch gedreckt; a wa sie sech eng Ke'er net erömfannen, da froen se eben. Dé Fall hu mir jo elo all Dag mat den Amerikaner.

Nun nach eppes:

Ass et net me'glech, datt am Kadaster eng Kartote'k ugeluegt get matt allen Nim aus dem ganze Land, a wo' é ka gesin, wo' den Enzelnen seng verschidden Heiser leien huet. Wann én en extrait frét, an et wéss én net, datt ausser engem Haus zu Letzeburg nach én anert zu Hâssel ass, da get dat zwét net op de relevé gesat. Fir de Moment ass net zevill Arbecht an déne verschiddene Büroen (Mutatio'nen si rar), op der aner Seit hu mir vill jong Leit, de' keng Arbecht fannen. Et wär vleicht elo de Moment fir de' Kartote'k unzeléen, resp. de Kadaster ewe'neg ze modernise'eren. Et könnten e puer Jongen provisoresch ugestallt gin, an no e puer Me'nt wä.. alles an der Rei.

Nach e Beidrag zur Le'n a Gehälterregelong

De Man vum Tram huet an der leschter Nummer vun onser Zeidong en Artikel lassgelôss dé net vu Stre' ass, an ech well em hei nach e puer kleng Donnéen gin.

En huet de Kumul vergiess!

De' Fro vum Kumul bei de Staatsbeamten ass schons oft op Tape't komm; mé verschwonnen ass se nach ömmer net. En, dén an engem Betrieb Beschéd wéss, kann Iech gleich soen, datt, all de' Arbechten vun der klenger Niewebeschäftegong wärent der Bürozeit gemâch gin. Firwat muss de' Arbescht da nach extra bezuelt gin. Dé betr. Här mat der klenger Kumularbecht huet dach scho sei Gehalt. A wann hien de' Kumularbecht unhelt, dat ass e Beweis, datt hien net geno'g Arbecht huet, soss ge'w en se net mân. Op de' Mane'er könt och nach Geld gespuert gin.

An der Privatwirtschaft ass de' Sâch e we'neg anescht. Wann do e klengen Employé sech eng kleng Niewenbeschäftegong sicht, da get de' Arbecht no sengen Bürostonnen gemâch oder Samschdesmöttes. Wann dén seng kleng Kumulsarbecht wärent de Bürostonnen mae ge'f, wat meng der we' lâng dat daueren ge'ng, ir hien um Pavé le'g. Dir könt mer et gléwen, e Privatbeamten, dén seng 8 Stonnen an engem Betrieb geschafft huet, dé wéss wat e geléscht huet, a wann hien eng kleng Niewebeschäftegong sicht, dann nuren well en de' puer Suen, de' hien dofir kritt, brauch fir ze liéwen.

An dann ass nach eng aner Kategorie, de' och eng Niewebeschäftegong huet an dofir sche' bezuelt get. Mé, dat héscht net Kumul, a nén, dat sin Tantièmen. An dat ass droleg, dat si keng kleng Employéen, de' eso' eng kleng Niewebeschäftegong unhuelen, ma nén, dat sin Hären aus dem Staatsrôd, aus der Chamber, Affekôten, Directeren; an si gene'eren sech guer net eng Dozen der klenger Plâzen unzehuelen. Et muss én sech nuren wonneren, datt de' Hären net önnert dèr viller Arbecht zesummefâlen, oder de' Arbecht an déne verschiddene Conseillen ass net eso' schwe'er.

An d'Haptsâch ass, um Enn vum Jor fällt eng sche'n Zomm Geld eraus, de' oft me' he'ch ass we' vill Employéen verdengen.

Et hêscht keng Ko' Blimchen' wann se keng Strimchen.

Novell vum W. D

(Nodrock verbueden)

VI

D'Ros'eli hält d'O'eren emol steif: „Aha." Et huet wuel a leschter Zeit gesin datt et hinnen dach un d'Flésch gét, an apart der Schwe'ermamm, de' am w'enegsten Schold drun dre't. Ma grad de Schwe'erpapp, dén d'ganz Schold dre't, dém könnt et vergin, datt hié lanscht et gét ewe' wann et net um Haff wär. Bei him ass e Framönsch nömmen eng domm Kre'schel. Ower ward, mein Alen, dat get der gewöss nach léd, ewell de' vum Brameschhaff wärs de nach kenne le'eren; emol kukken, wién dén hardste Kapp huet. Matt sengem e'wegen „dat ass ké Brauchtem um Bo'nenhaff", wärt hién nach net weit rennen an et schafft virun ewe' wann et d'Schwe'ermamm net gehe'ert hätt.

D'Mamm, de' vergiewens op eng Äntwort geward, hölt et emol matt der Hand a kuckt him a seng Aen: „Ma so emol, Ro'seli. Du hues dach net am Wöllens eso' virun ze furen? Op de' Mane'er le'eren eis Männer d'Haus jo ferten a sichen sech hire Reterad an de Wirtsheiser, dat kann onme'glech zo' engem gudden Enn ausgoen", an d'Tre'nen lafen hir iwer d'Baken.

Nu get et dem Ro'seli dach e we'neg kuatscheleg we' et bis Tre'nen op de Bake vun der Schwe'ermamm gesi blenken. De' arem Haut huet dat gewöss net verdengt. Wann et sengem Hèrz gefollegt, wir et hir am le'fsten öm den Hals gefall an 't hätt se öm Verzéchnes gehéscht. Ma da könnt et sech dach net vergin. Nömmen elo net schwâch gin. Grad wo' et gölt, dofir héscht et d'Zänn zesummenbeissen an hinnen de Kapp halen wann et eppes wöllt erréchen. Ma eng Änntwert wöllt et der Schwe'ermamm ower gin, datt de' Hère gewuer gin, datt hatt net eso' léchtschâtz nidderzekre'en ass ewe' d'Schwe'ermamm: „Dir wösst jo ganz gudd, Mamm, datt ech nömmen a mengem sche'nste Recht sin. Wofir do nach vill Wirder d...er verle'eren? Ass dat dann nach erlâbt datt eng Fra hei glat neischt dran ze schwätzen a fir neischt gefrot get? Ech ka mer dat onme'glech op d'lâng Weil gefale lôssen. D'Täsche voller Geld, datt se owens net aus de Wirtsheiser erauskommen, an d'Fraen dohém eleng sötze lôssen, dat muss en Enn kre'en."

„Jo, mei Kand, wann da ké matt hinne schwätzt? Wat sollen se da nach aneschter mâchen ewe' a Gesellschaft goen?"

„Dat leit dach ganz eleng un hinnen. Wann ... de Wöllen din an der Fra d'Rechter gin, de' hir zo'kommen, da get och matt hinne geschwat." An domatt dauscht et fort ewe' eng Wisbei. An der Dir dre't et sech nach eröm a sét: „A nén, matt mir mâchen se net wat se wöllen. Wann si an d'Wirtsheiser könne sötze gon fir d'Geld dropzemâchen, da breichten d'Fraen sech och net ze geheien ewe' e Mo'sde'deger. An elo de't hatt sech och emol de Gudden undin an 't ge'ng emol eng Zeitchen op de Brameschhaff bis et dénen Hère gefe'l et eröm sichen ze kommen." A fort wor et.

We' d'Ro'seli hém könnt a senger Mamm dat alles verziélt a we' et him ergângen, datt et sei Böndel huet misse mâchen an hém go'ng, du klömmt seng Mamm op d'he'cht Pèrd: „Wat de' Leit vun sech de'te mengen? Aus engem Schlass de'ten si dach och net stamen. Ma de' sollten sech emol um Brameschhaff weisen. Da le'ss du mech emol de' Hären empfânken ewe' et sech gehe'ert."

Um Bo'nenhaff war den Dag drop, we' d'Ro'seli nach ömmer net eröm wor, eng fame's schmeier Lucht.

De Gierch war grad ewe' gejot a gedriwen an hat keng Ro' a keng Rascht me'. We' et gehéscht sech un den Dösch ze sötzen, du war him all Appetit vergângen. En dét sech un a gét an d'Wirtshaus sötzen bis hién den Dronk gespuert a gét dann op de Brameschhaff.

E klappt un an d'Dir get him opgemâch, wo' d'Schwe'ermamm dra stét Ma e get, wat e verwonnert, ower fröndlech empfângen.

We' den Dronk é Mönsch lâchen, dén aneren krége'len dét, eso' fönnt én der och de' sech könnten do't kreischen, an önner déne war de Gierch. We' hién eso 'fröndlech empfângen, du bonzelen him d'Tre'ne schon iwer d'Baken, datt eng de' aner schle't an e fenkt un ze schluxen ewe' eng Madle'n.

D'Ro'seli, wat hanner der Mamm gestanen an dat geseit, fällt him öm den Hals a schluxt mam Gierch an én Hâf.

D'Mamm le'sst se e we'neg gewärden a sech hirt Hèrz emol ausschidden bis et hinnen eng Grimmel me' lîcht wor a frét de Gierch, op hién da schon zurnuecht giéss?

De Gierch mengt: „Vu Léd hätt hié kén Appetit me' gehat a wir fort gângen o'ni e Maufel z'iéssen."

„Da lôss d'Mamm gewärden, de' mecht der eppes wat der schmâcht."

An si gét nun a mecht him e Nuechtiéssen wat sech gewäsch. Si wéss, um Bo'nenhaff gin se net eso' zerwe'ert, dofir war de Bo'nepapp vill ze kneckeg an d'Fra hat neischt ze soen, ma wo' eng Fra d'Regiment huet, do wéss si, an zumol an eso' engem Fall, matt enger Wurscht no enger Ham ze geheien. Wié wéss da besser ewe' e Framönsch datt d'Le'ft bir Wurzelen am Mo huet, wat dach alle Mansleit verbuergen ass.

We' si d'Iésse fèrdeg, zerwe'ert si dem Gierch et matt enger gudder Flesch dobei.

De Gierch setzt sech un, a we' d'Aen him iwer den Dösch gin, du verre't scho seng Fiselemin hir, datt sein Appetit d'Koplibunz wirun hir geschloen huet, datt sei Widerstand endlech gebrach ass an datt e sech virun hir op d'Kne'en niddergelôss, wat hir nömme beweist, datt hir Gedanken net op engem îre Wé sin: „Gelt emol, Gierch, 't ass nach net eso' schlecht um Brameschhaff? Fir dech wär ons nach neischt un d'Hèrz gewuess wo'matt mer dir eng Fréd könnte mâchen, nömmen 't krit én e schlechte merci dofir."

Dem gudde Gierch kommen, vun dém gudde Wein, d'Tre'ne schon iwer d'Bake gebonzelt ewe' wann se Fenkes de'te spillen.

Nu steipt d'Schwe'ermamm ower d'Feischt an d'Seiten a knäppt emol richteg lass. „Et wär ower nach lâng net genoch mam Pinschen. Domatt wär hirem Ro'seli net gehollef. A so mir emol wat mir dengem Pa... eigentlech zo' Leds gedon datt mei Kand him en Dar am A ass?"

Dem Gierch seng Aen kucken durch d'Tre'nen ewe' e Fösch am Wâsser op d'Gefoer, de' hié spirt.

„Ass dat vleicht de merci fir alles wats du dem Ro'seli a senger Mamm schon ze verdanken hues?"

Du mengt de Gierch scho ganz verschotert: „De Papp an d'Ro'seli de'ten a leschter Zeit iwerhânt net me' mattené schwätzen."

Du platscht d'Ro'seli eraus: „Dat ass et jo grad. E gét lânscht én ewe' eso' e Stackes a wé wann é net me' um Haff wär."

„Dat gleicht dém Torres", ereifert sech d'Mamm.

De Gierch mengt, ower ganz verzot: „D'Ro'seli hätt dé Mo'd ower ugefangen um Bo'nenhaff fir keng Zeit me' ze gebidden."

„Durop krit d'Mamm e Kapp ewe' Feier a Flam: „Jong Leit, de' le'sst é gewärden an hirem Stod. Wann de' Al Ver-stéss-de-mech hätten, de'ten si sech sech op hire Widdem zreckze'en an de' Jong gewärde lossen."

D'Ro'seli lâcht verbassen: „Ma gewöss; dé wöllt neischt dovu wössen, do mîsst én dach all sei Liéwen op seng Peifchen danzen. A wat hié fir e Mo'd hätt matt de Leit ömzesprangen, datt e ganzen Dag kén eso' keng wär e Mond opzedon. Ob si schon eso' e Wiése gesin hätten, wo' alles gét ewe' an engem Auerwierk wat é kaum he'ert ticken?"

De Gierch mengt: „Dat wären si vu jonktem u gewinnt a könnten sech et och net aneschter denken. En, dén d'Gedanken op seng Arbecht rîcht, könnt se onme'glech op engem Gespre'ch hun."

„Ech wéss wuel datt én op engem Bauerenhaff ké Gesankverein kann oprîchten, ower vu mengem Kand ze begieren vu muergesfre' bis owesspe't ze schaffen ewe' e Mo'sde'degen o'ni e Mond opzedoen, dat ass dach zevill begiert vun engem Framönsch, dat wär racksdech fir ze vergadderen. Op de' Mane'er ke'm d'Ro'seli matt Zeiten önner den Erdbuedem, a wién dre't d'Schold dann u sengem Do't? Kén aneren ewe' dén, dén d'Hand iwer et ze halen an him zur Seit ze stoen huet."

Dat war dem Gierch dach zevill op émol. Dodurch datt d'Schwe'ermamm him ömmer gefle'wt a fleisseg ageschenkt an hién d'O'ere scho wond hat vun all hirem Gepriédechs an dobei d'Hand ömmer nom Glas getâscht huet ewe' e Baby no der Broscht, krut hién d'Ae schon eröm wässereg an d'Tre'nen sin him iwer d'Bake gebonzelt op seng Löpsen de' ewe' e Kulang erausgestanen, eso' datt ewe' d'Kulangen an engem Wiéder se kaum nach gepackt hun durch dat battert Léd, wat him an Aussîcht stong, wann d'Ro'seli him eweg d'et falen, an e versprecht nun he'ch an helleg him alles aus dem Wé ze raumen wat hatt de't gene'eren. Et könnt vun haut u mâchen we' hatt et fir gudd de't fannen a kén hätt him me' dran ze riéden.

D'Ro'seli fällt him dofir voller Glecksé'legkét an d'Ärem a bleit u sengem Hals an u sengem Mond henken ewe' eng Bél um Be'scht, de' sech puppsat u sengem Bludd gedronk.

Dem Ro'seli seng Mamm huet geschmunzt, ewell d'Ro'seli nun a senger Roll a si de Gierch matt der Zossis ugestreckt, de' hié selwer fabrize'ert, du sét si: „Dat lôssen ech mer nach gefalen. Eso' de't si hién eröm erkennen andém hién hirem Kand versprach we' hié freie ko'm, dat de't si nach nennen „E Mann e Wurd."

Eso' krut d'Ro'seli nun durch seng Mamm um Bo'nenhaff d'Gitten an d'Hand an no enger Zeitchen trapt de Gierch am Teisel ewe' de gudde Brameschpetter.

We' sei Papp, dén dat gesi kommen a sech op de Widdem zreckgezun huet, dat anuechtgeholl, datt si de Gierch zo' engem Sto'ssneckel gemâch, du huet hié net vill Gudds me' gedon a go'ng dodurch an d'Graw, wat seng Mamm och net iwerliéwt. Dodurch, datt hién sech vun déne Fraleit ne'dege gelôss hat seng Elteren ze enttro'nen um Bo'nenhaff, fir datt hié sollt e Sto'ssneckel gin, dat huet hié gefoxt, datt en sech dem Dronk ergin, eso' att hién dem Brameschpetter no enger Zeit geglach huet ewe' eng Dröps Wasser dèr anerer.

Wann hién da seng Komerode bege'nt wat Männer waren a geuecht vun hire Fraen ewe' sei Papp, dann huet hién eröm dru geduecht wat seng Mamm emol gesot: „Et héscht keng Ko' Blimchen, déss si huet eng Strimchen."

Ann't go'f him och kloer wat de Papp ömmer gesot: „E Fraleitshor ze't me' stârk we' e Klackesél."

ENN

Chröschtdag 1944

ET IN TERRA PAX HOMINIBUS

1939. Iéwel d'Mönsche sin net guddes Wöll; an et ass ké Fridd op deser Welt.

Den Hitler huet matt senge Cohorten Polen iwerfall. An enger ganz kurzer Zeit huet hién dat sche'nt stolzt Land önnerjocht an ass drun, d'Bevölkerong systematesch auszerotten. Seng SS an SA feieren Orgie vu Bludd a Murden, D'Cröschdklacken laude vun alle Kirchen a Kapellen am Land, iéwel et ass ké Fridden, et ass Krich.

Mir sötzen dohém an der gemiddlecher Stiffchen, d'Kärze vum Cröschdbémchen verbréden e mussecht Licht, e tricht no Orangen a frösch gebâkenem Kuch, an de Gliéser perelt de lèschte Wein.

Un de Grenze vun onsem Ländchen ze'en sech d'Linie vun den deitschen a franze'schen Befestegongen, d'Kano'ne si gelueden, d'Zaldoten leien op der Wuecht.

Et ass we' d'Griffele vun enger Märderhand. Pressen se sech sezumme fir ons den Do'dessto'ss ze gin?

1940. D'Hand huet zo'gegraff, si ass vum Oste komm, we' mir ömmer gefart hun. D'Preisen hun onst Land iwerschwemmt. Hir Stiwele klappen iwert ons Trottoiren, mir hu gele'ert lues schwätzen an öm ons kucken, ir mer eppes soen. Onst Ländchen ass arem a verlôss, mir si we' eng Härd Schof, de' kén Hirt me' hun, a mir schären ons zesummen, mir sötzen öm de Radio, mir lauschteren op friém Stömmen, well mir keng ége me' hun.

D'Kröppchen ass opgericht, iéwel et könnt kén. Iwert den Himmel ze'en d'feindlech Flieger, Bomme falen op London, an an d'Gedanke vum Erle'ser vun der Welt klengen traureg a résigne'ert de' Wiéder: „Remember, remember, the 29th of December"; alles, wat de Mönschen le'w an helleg ass, get erbarmongslo's zu Grond gericht.

D'Kärzen um Bémche brennen nach, iéwel et könnt é fir, we' wann et Do'dekärze wiren, an eng no dèr anerer get ausgeblosen, eso' we' mer ufänken lues a lues eng Hoffnong no dèr anerer ze begruewen.

1941. Mir hu gele'ert, datt et Konzentratio'nslagere get, an datt se och fir ons gebaut si gin. Den Hâss ge'nt den Önnerdrecker wîsst, e wîsst an d'Onendlecht, eso' datt én e bal selwer fârt. De' bescht vun onse Leidd sötzen an de Prisongen. Fir wat? — et ass kén, dén ons eng Äntwert sét. D'Könnercher kne'e vrun der Kröppchen: Le'we Jesus, firwat ass onse Papa net dohém? A firwat kreischt ons Mama eso' oft?

Et könnt keng Äntwert, et bleiwen eso' vill Froen op, an et kreischt muenech Hierz, dat ké Wé aus desem Labyrinth fönt.

D'Hémecht reckelt zesummen, si organise'ert hire Widderstand, iéwel si wéss wat et kascht, an si ass gewöllt, de Preis ze bezuelen.

1942. De Widderstand ass deier bezuelt gin. D'Cröschtmette gi gefeiert, niéwent de fromme Biéder erhiéwen sech d'Scheme vun dénen, de' an desem Jor hirt Liéwen hu misse lôssen, fir datt de' aner können ze Liéwe bleiwen.

A weit, weit an der Friémd, erklengt önnert dem Himmel vun engem Land, dat mir vu ganzer Se'l hâssen, d'Cröschtgebiéd vun dénen, de' se verschléft hun, vun dénen, de' ni me' hém komme sollen.

We' könne mir do nach fro' a glecklech sin. De Bémche stét kleng an traureg an engem Eckelchen. D'Kärze gi net ugefângen, si sin ze vill hell, si di we' an den Aen, an dobaussen iwert den Trottoir klappt nach ömmer de preisesche Militärstiwel, aus dem Radio te'nt et „Stille Nacht", iéwel d'Kano'ne sche'ssen, an de Prisongszellen an an de KZ. gét d'Murde weider. Nén, et ass net Cröschdag, et ass keng „Stille Nacht", et ass Hâss, Onfridd a Verzweiwelong. A wann é matt sech eleng ass, dann erschreckt é virun der Gre'sst vun dém Hâss, dén des Krichsjoren an ons gro'ssgezilt hun.

1943. Töschend de Stre'säck, töschend all dém Misär am Ömsidlongslager hu mer de Kanner e pur Dännestreisercher matt farwegem Pobeier, matt ganz klinzege Kärzercher a matt Kichelcher behângen. „Minuit chrétien", klengt et lues a gedroen durch de Sall.

Hu mer eso' weit an d'Friémd misse verschloe gin, fir onse Cröschtdag eröm ze fannen? D'Birger sti gro an deischter an der Nuecht, gro'ss Flacke Schne' falen op de raue Buedem, d'Bém glönneren am Raureif, an durch d'Wolleken fenkelt hei an do e Stierchen.

D'Könnercher falen hir Hännercher a biéden: „Le'wt Jesuskönnche, fe'er ons eröm hém, hém op Letzeburg."

1944. Iwert onsem sche'ne Letzeburg ass d'Freihêtssonn eröm opgângen. D'Cröschtklacken könne lauden, an an der Kirech könne mer matt heller Stömm sangen. An dach ass et eso' en trauregt Cröschtfest, we' mer nach ként haten.

Well wié kann e Bémchen oprichten, wann dat le'wst, wat en huet, nach dobaussen ass? Wevill Jongen, we'vill Médercher, we'vill ganz Familje sin dobaussen? Könne si och d'Klacken he'eren? Ass et och fir si Cröschtdag?

D'Flieger ze'en hir Krésser, d'Kano'nen donneren, — Onzefriddenhét, Onénegkét — wat nach?

Ob mer wuel fir 1945 soe können: „Et in Terra Pax hominibus"?

Vrun der kréppchen an dem kouer
kn'een d'leit all konterbont,
d'kanner lache frou dem mouer,
d'mammenherz bied wé a wond.
d'urgel drummt, wat d'peiffen halen,
d'schelle klenglen sëlwreg dran,
helleg lidder festlech schalen,
jiddre sengt, de sange kann.
op dem elter, stolz belicht,
jauchzt den her, datt weit et halt,
alles huet sech opgericht
wé de friddensruff erschalt. —
„Gloria in exelsis deo, a gottesfridd der welt."

ENG SÉCHEN FIR GRO'SS LEIDD

Et wor emol an engem bessern Haus e Köndchen, gesond, brav a richteraus. Et huet ni e Blâd virun de Mond geholl, ni geble'melt a ni gelun. Dat huet der Familjen net gefall, et wor fir si „d'enfant terrible". Jiddesmol, wa Besuch ko'm, an ders ko'm dacks, jiddesmol bei Festlechkéten, der wore vill, go'f d'Köndchen an en Eck gesat, an da go'f gefeiert ewe' wann dat Klengt iwerhâpt net am Haus wär.

Da so'tz dat Klengt fir sech eleng an 't hât Zeit senge Gedanken nozegoen. Allerlé Spichten sin him dann agefall, allerlé Lidder, batter a se'ss, an drolech Geschichten, d'Köndchen huet se all opgeschriwen a verhalen, et wo'sst, émol könnt den Dag, wo' gudd Frönn, villeicht Kanner we's du, dech am Eck entdecken, a matt Fréd un den Dösch sötzen, an dann erziélst du hinnen deng Sécherchen.

D'Familjen awer huet sech eso' we'neg öm d'Köndche gekömmert, datt s'et um Enn ganz vergiéss huet. Si huet och net un hatt geduecht, we' e Reibber an d'Haus agebrach ass an alles stiéle wollt, wat Wiert hât. Mé de Reibber hât e justemang op d'Köndchen ofgesin. Hién duecht, wann dat Klengt de richtegen Ierwen net me' ass, fällt d'Iierwschaft mer vill me' licht zo'.

Mé grad an dém Ableck, we' d'No't am gre'ssten, we' de Reiber d'Köndchen wollt aus der Welt schafen, du huet d'Familjen sech un hatt erönnert, huet agesin, wat dat Klengt fir e Wiert hât fir d'Gleck an de Bestand vun der Familjen. Sie huet d'Noper a Frönn zu Hölief geruff an de Reiber erschloen, d'Köndchen awer go'f ho'festlech gekléd an op d'E'replâz um Dösch gesat. Do sötzt et nun an erziélt seng Geschichtercher, spâsseg an éscht, a sengt seng Liddercher, voller Schwonk a voller Krâft, erföllt vu Le'wt zum Hémechsland An d'Familjen sötzt dobei Hand an Hand, an hölleft erziélen, a sangen an dénen hélgen Te'n, de' d'Mamm beim Kannerbettchen biéd, de Papp dem Komerod op schwe'rer Arbecht frédeg se'ngt, de' Te'n, de' de Jonktem durchgle'en an erhiéwen an e wierdeg man, zu senger Zeit d'Gescheck vum Land ze fe'eren, de' Te'n, de' ons den Härgott an d'Hierz geluecht, an de' mir wöllen he'ren a schwätzen bis an d'E'wegkét, ons Hémechste'n, ons Letzeburger Sprôch. N. H.

D'Sonn vun der Freihet...

De Rén fällt nu schon zenter Wochen, vum Helm bis zu de Schong ass alles ficht a nâss. De Lém an Dreck kliéwt schwe'er un de Fe'ss, drengt duréch Uniform a Kléd, verschmiert onkenntlech, go'reg Gesichter. E kale, schârfe Wand peift iwert d'Schetzegriw, werft de' lescht bléch Blieder vun zerfatzte Bém a sengt seng traureg Weis em raschteg Stacheldre't.

D'Sekunden dröpse lues a lues, 't ass jiddereng eng E'wegket. Wann d'Wolleksfatzen e Moment eng groschwârz Deischtert freigelôsst, blenkt Helm a Wâsser we' Selwer am Schein vun engem schmuele Mond, dé gleich drop nés am Rén erdrenkt...

De Raymond leit, d'Gewier am Arem, an engem nâsse, kalen Eck a ward, an drémt, a ward.

*

Et wor e le'ft klengt sonnegt Haus a Letzeburg, 't lo'g mëtten an de Bluminen, am Schied bal vun der Stad.

Hie wor e Kand, a wo'sst nach neischt vun deser Welt. Hien hât seng ege Welt, eng Welt vu Lâchen, Mammele'ft a Spill.

Seng Mamm!

Hirt Lâche huet we' Lidder durch de ard geklongen, we' hie fir 't e'scht goe volt. An iwergro'sser Fred hun hir blo Aen gelicht, wann en op hire Scho'ss geklommen a seng ronn Ärmercher öm hiren Hals geluegt. We' wor et sche'n am Summer, owes fre', wa si bei sengem klenge weisse Bettchen so'tz, wann si seng Hännercher gefalt, wann hié bei engem Lidd ganz lues entschlof ass! Jo, d'Sonn ass ni me' önnergâng, an Dag a Nuecht wor d'Haus voll Gleck a voll Zefriddenhét...

*

Et wor e Médchen, gro'ss a sche'n, seng Aen so' onergröndlech blo we' de' vu senger Mamm. Si haten sech eso' le'f, mat aller Krâft vun hirem jonken, frëschen Hierz. Wor dat den Himmel, go'f si him hir Hand, hun si hir Lëpsen openén geluegt? Wor d'Se'l e Mier vun Te'n, wor d'Welt geschaft aus Doft a Le'wt? An d'Zeit blo'f stoen: t wor Fre'jor och am Schne', an Blumme vun dem Gleck hun Eis a Vanter ausgelâcht.

Et wor e Médchen, gro'ss a sche'n, ng Aen so' blo we' de' vun senger amm...

*

Mé d'Welt huet hién op émol matgerass. Et ko'm den zengte Mé! Eng onermiesslech Krâft vu Stôl a vu Gewalt, jorelang zesummegeraft, ass op émol lassgebrach, huet d'Sonn a Fréd a Gleck mat fortgerass. Verwiélegt ass all Blumm a net me' obgeble't. An 't Blo vun sengem Le'wsten sengen Aen huet sei sche'nen, de'we Glanz verlur.

De Krich ass iwert d'Land ewegg gebrannt.

No him ko'm Falschhét, Feighét a Verrot, 't huet ké gemengt, e geng et iwerston.

Si hu geward... geward... du ko'm ere'scht dat Schwe'erst.

En Dag am Hierscht, 't wor ficht a kal, de' lescht Blieder si gefall, an d'Fensterlueden hun am schârfe Wand gerabbelt. 'T wo grad eso' we' haut.

Du huet hie senger Mamm a sengem Médchen d'Hänn fir 't lescht geréchl.

Si wo'ssten all Besched, si hun neischt brauchen ze soen. An aus dem Drock vun hiren Hänn huet e gespurt: „Mâch wats de gudd fönns, Jong! Mir sti gerod, hiéf gur keng Surg. Kuck, d'Welt brauch Höllef an der gre'sster No't. Ge', schlo dech mat fir d'Freihet vun der Hemecht, vun dem Letzeburger Land".

En huet sech durchgeschlon, durch lâng an traureg Me'nt vun Honger, Middegkét a No't.

Seng Hemecht go'f de Bösch, an d'Wis, de Flo'er, d'hârtgefruere Strôss.

Sein Dag go'f d'Nuecht.

Dat wor sei Liewen; nëmmen ênt huet hien ëmmer erem stârk gemâch: d'Gedenken un sein aremt, ënnerdreckte Land, seng Mamm, seng Le'ft, sein Hêm. Fir si huet hié vu neiem ëmmer nés sech opgerass, wann en d'Hemwe'

(Get fortgesat op der 4. Seit)

A Russland op Wuecht

Owend fällt, a Böscher kloen
schwârz, onhemlech lauert d'Land,
o, ech kann et net me' droen
hem an d'Durf zu Dir mei Kand.

Sicht mein Dram op frieme Wéen,
rifft meng Le'wt aus önnrem Schmierz;
lôss se un dei Mond sech léen,
weit mâch op dei warmt, treit Hierz.

Iwer ons de'selwecht Stären
an e göllne Mo'nd hält Wuecht.
A mir brennt dei Bild — we' gären,
wär ech bei Dir. Gudde Nuecht.

..... mann.



An denen deg gong vum keser Augustus d'uerder aus, d'ganzt weltreich opzehuelen. Dat wor dat èscht verzechnes. Et gouf gemaach ënnert dem Quirinius, dem gouverneur vu Syrien. Alleguerte gongen se hin, gidferen a seng hemechtsstad, fir sech androen ze loossen.

Esou gong och de Jousef aus der stad Nazareth a Galiläa erop no Judäa an d'stad vum David, dè Bethlehem hescht, well hien aus dem haus an der famill vum David wor, fir sech androen ze loossen mat Maria, senger ugetrauter, dè gudder hoffnong wor. Wè se do woren, hu sech hir deg erfëllt. Si huet hiren èschte Jong gebuer, a wendele gewéckelt an an eng krëpp geluegt, well fir si keng plaz an der hierbierg wor.

An derselwechter gègend houlen hirten op freiem flouer nuetswuecht bei hirer herd. Dun ass en engel vum Her viru se getrueden, an d'herrlechket vum Her huet em se gelicht. An si woren an enger grousser angscht. Den engel awer sot zu hinnen: „Hiewt keng angscht! Kuckt, ech ruffen iech eng grouss fred aus dè allem vollek zou soll kommen: Haut ass fir iech am David senger stad den erlèser gebuer, den de Messias ass an den Her. An dat soll iech als zechè gëllen: Dir fannt e kand, dat a wendele gewéckelt an enger krëpp leit."

Gleich drop koum eng herd vun himmelsgeschter bei den engel, dè Gott geluewt a gesongen hun: „Eer dem Hergott do uewen, a fridden op der ierd de mënschen, dè em gefalen!"

Escht krëschdagevangelium (nom griecheschen iwersat).

D'Sonn vun der Freihét...

(Fortgesat vun der 3. Seit)

bal net me' packe kont, fir si huet hié sei Liewe gier op d'Spill gesat, all Dag vu neiem, wochelâng a me'ntlang.

Mé alles huet sein Enn.

Am Fre'jor hât hién dat errécht, wat en dohém versprach, hién huet d'allie'ert Kléder ugedon.

Nu leit en hei, an Deitschland irgendwo', am Gruew a ward, an dremt, a ward...

Den Offize'er werft se'lero'eg e Bleck op seng Auer — iwer der ganzer Front leit Ro', eng Lichtrake't blötzt hei an do hell op, léft lues weider a gét aus.

D'Stôlhelmer blenken ficht.

Honnert Hierzer klappen am Fe'wer. Nach eng Minutt... Schle'freg dröpst nach ömmer feine Rén. Vu weit, ganz weit, e Schoss. — Da Ro'. — Sto'ssweis a schwe'er gét den Otem vun de Männer. 10 Sekonnen... Verdreckste Gesichter spânen sech, vill honnert Aen kucke blann an d'Nuecht. An dann op émol op dem gro'ssen, eidelen, opgewullte Feld, so' hell ewe' am Dag, op dém we' o'ni ze wöllen d'Zaldote lafen, én énzegt Zil am A. „No vir".

Granate peifen a wullen sech an den erschreckte Buedem. Rose billen d'Maschingewierer. Giélgreng Flamen zerfatze liéweg Männer. Soll dese firchterleche Kano'nendonner den Himmel zreissen?

*

De Rén fällt lues a ro'eg op all de' do'deg Mönschen.

De Raymond leit beim Stomp vun engem Bam, an öm hién eröm fierwt sech de Buedem ro't. Hié fillt mat all Otem ug sei Liewe vu sech goen. En huet keng Angscht, huet se ni kannt an all dé lânge Me'nt, wo' en dobausse wor. Sein Hierz, dat scho bal net me' klappt, ass fro', well et wèss, datt sein Enn an dat vu vill senge Frönn net ömsoss wor. Sei Kapp fällt zreck an d'ficht Grâs, an den Helm rullt e pur Schrött weit fort.

Seng Fanger krempen sech an d'Grâs, gi weiss a schmuel. — Réndröpsen lafen iwert sei kâlt Gesicht, iwert seng Löpsen, de' nach am Do'd lâchen.

*

Veriwer ass de Kano'nendonner, a we' Musek mengt é nach e Noklank ze he'eren aus der Nuecht, en Do'desschloflidd... aus de Stieren.

Iwert der Hemecht awer gét eng nei Sonn op, gro'ss, ro't a sche'n: d'Sonn vun der Freihet a vum Gleck.

herr, loss gefor veriwer goen
a gëf ons endlech fridden!

Cröscht-Owend

„Wofir bass d'eso' traureg, Mammchen," frot de Schmatts-Heng seng Fra; „du ges mer eso' verschotert dorömmer, wat hues de, meng Mod?" — „Och Heng," huet du seng Fra him g'äntwert, „sief net be's iwer mech, — ower — wann eso' Deg kommen ewe' Niklosdag a Cröschtdag an ech gesin de' aner Kanner eso' fro' uechterall dabberen a spillen, da könnt ech mech bal verauen, an d'Hierz gött mer deck, well onse Bo'f..." — Du huet den Heng sein An ömärbelt an him eng Tre'n aus dem A ewech geköset a sot: „Komm, Mammchen, mâch der op haut keng schwârz Gedanken, wa mer och d'Ongleck haten, datt onse Bo'f vun der Genn erofgefall ass an haut net me' goe kann, ma glef mer, en ass vu gesondem Bludd an Art, hie gött eröm eso' stârk an eso' grued ewe' hie wor, glef mer dat, Mammchen. An elo gin ech bis aus de Cröschbémchen huelen, well hönt könnt d'Cröschköndchen." — We' den Heng du hannerm Haus wor, fo'ngen an der Noperschaft d'Honn un ze billen ewe' klorrosen an eng Stömm jaut: Kuckt, datt der ewech kommt, dir Hêschepak, soss zecken ech iech d'Honn op de Pelz!

Wat ass dat do, sot du den Heng, en ârme Mönsch, den ofgewise gött, an op haut den owend? A vu sengem gudden Hierz gedriwen, go'ng den Heng du op den ârme Mann dur, ho'l en öm d'Schöller an huet e getre'scht: „Komm, mâch der neischt draus, Friemen, komm mat bei mech eran a verzei de Mönschen, si wössen hei an do vun Dommhét net wat se soen."

We' verwallt huet de Friemen sech du vum Heng an d'Haus fe'ere gelôss, huet sech un den Dösch gesat, giéss a gedronk, ower net e Wirtche geschwat; a we' e giéss hât, frot den Heng: „Friemen, huet d'Liewen dir och eso' be's Tîr gespillt, datts de d'Sprôch verlur hues?" Ower de Friemen huet net g'äntwert. Du sot den Heng: „Tre'scht dech, et wèrt och schons emol eröm besser goen. Jidderé kritt seng Schiédseit am Liewen, dém engen seng gött alt e bössche me' deischter we' dém anere seng. Kuck, we' ech gemengt hun, ech wir am beschten, du... ech hun e Bo'f, ower en ass net ewe' de' aner Kanner..." — Du schwat de Friemen: „A, du hues e Kand? Weis mer dei Bo'f, wölls de?" — „Ma dat gét ower elo net," sot den Heng, „e leit do bannen a sengem Bettchen ze schlofen, an ech wollt elo de Cröschbémchen an d'Rei mâchen." — „Weis mer dei Kand," huet de Friemen du gebiedelt, „mâch mer de' Fred, wölls de?" — „Daje," sot du den Heng, „ower mâcn, datts de mer en net erwächs, well hönt könnt d'Cröschköndchen."

Du fo'ng den Heng mam An un de Cröschbémchen ze röschten an iwerdems go'ng de Friemen lues op den Ze'wen an d'Kummer, wo' de Bo'f lo'g. D'An an den Heng hu mat héleger Fred de Cröschbémche geröscht, dBullen an d'Kierzen ugemâch, a we' se ferdeg woren an de Bémchen a senger ganzer Pruecht geglönnert huet, sto'ng op emol... hire Bo'f hannerun en a sot: „Papa, d'Cröschköndchen ass bei mech komm an 't huet mer eng Bés op d'Stir gin, an du konnt ech röm goen!"

Du spro'ng den Heng op sei Bo'f dur, huet en ömärbelt, ho'l en op den Arem a jaut: „Friemen, wo' bass de?"

Du schlo'g de Wand d'fischt Dir op an aus der Himmelweit klo'ngen d'Wirder him entge'nt: „Fridd a Gleck alle Mönschen, de' guddes Wölles sin!"

Un d'Freihet.

Stârk durch Glaw ar Trei verbonnen
dausend lâng a batter Stonnen
sto'nge mir fir Dech op Wuecht.
An e Mier vu Led verschloen
vill hu missen önnergoen.
O we' schrecklech war de' Nuecht.
Dach de Gêscht ass net gesturwen
nei aus Hierzbludd, ni verdurwen,
huet e Muergen nei Dech bruecht.

.....mann.

We' de' e'scht Unio'n op New York ko'm

De Krich ass aus. Letzeburg ass frei. D'Post gét eröm. A matt der e'schter Post ass eng „Unio'n" matt op New York gângen, fir den Här Direkter vun der „New York Times", dén eröm nei Idéen an Artikele brauch fir sein „Newspaper". Aus allme'gleche Länner le'sst en sech Zeidonge kommen, fir gleich d'Situatio'n, d'Astellongen an d'Kritiken aus dénen énzelnen ze he'eren.

En ass presse'ert. Keng Konkurrenz durf em zevir kommen. Ongedölleg wart én op d'Post. De Boy ass em ze lues. Am Büro warde schon allme'gleech Interprèten a Journalisten. D'Setzer si prett zum Drock. Nervös râcht den Allgewaltegen u senger decker Havanna an iergert sech an engem fort: „What's the matter? I'm not paying the boy for taking a walk in the afternoon! We'ni könnt dé Lausbo'f dann?"

Endlech könnt de Boy. Fe'wereg get alles durchkuckt, d'Zeidonge klasse'ert. Franse'sch, deitsch, englesch, holländesch an eso' virun.

„What's that? Wat ass dat dann!" krächzt den Alen op émol, „wat ass dat mer fir e Blât?" All kucken se beflassen dohinner, kén erkennt seng Sprôch.

„Drémt net a sot men wat dat ass", donnert et virun. „Go on, go on, mir hu keng Zeit ze verle'eren!"

„Union, c'est bien français ça", sét de Franso's, „mais le reste..."

„Union, das dürfte deutsch sein..", mengt de preiseschen Interprèt.

„Lunatics, idiots" bröllt den Zeidongskinnek we' e Le'w, „mir sin hei bei der e'schter New Yorker Zeidong, et mengt én mir hätten d'Zeit fir matt de Hégâfelen ze schöppen, oder ech geng iech bezuelen fir d'Drémen. Stupid dumbells, get wise to yourself! A mengem Liewen hun ech nach keng eso' Efalte gesin!"

Et klappt un der Dir an era könnt de Niki Weber, e klenge Bürosemployé matt der Korrespondenz.

„Daboen allegur zesummen, kuckt, datt der an enger Minutt Beschéd wösst", bröllt den Direkter ro'd ewe' e Krîps, a geheit en d'Blât dohinner. Dat fle't dem Niki grad bei d'Fe'ss. Hié beckt sech ganz beflassen durno, mé net o'ni en hémleche Bleck drop ze werfen fir d'Ursâch vu sengem Chef senger Roserei erauszefannen. Op émol gi seng Aen gro'ss, an e'er en et verhönnere kann, rullen d'Tre'nen him schon d'Baken erof. „Dat ass jo letzeburgesch", ste'nt den Niki, „richtegt, echt, rengt letzeburgesch, o mamm..." D'Stömm versét him. D'Kne'e gin em ewech, an hié muss sech an én dèr decker Liéderfotèlle fale lôssen.

„What's the matter?" sét den Direkter, „verstidd dir dat?"

„An op", sét den Niki, „'t ass meng Hémechssprôch, 't ass letzeburgesch."

De' aner platze bal vu Virwötz, mé den Direkter geheit se eraus, an den Niki muss sech bei e setzen a vun dohém verziélen. O we' gier mecht en dat. Hié schwätzt a schwätzt a get net midd. Eng Landkârt hölt en erbei a weist dem Direkter wo' Letzeburg leit. Dén huet och scho vergiéss, we' presse'ert e wollt sin, an ass ganz derbei.

„Funny", sét en, „ech hât net gewosst, datt et och eso' eppes an Europa ge'f."

Den Niki verziélt vum Land, vu sengem Reichtom a Klima, vu senger Geschicht a Geographie, mé besonnesch vun dém klenge, ma stârken a courage'erte Vollek.

„Well, we' sidd dir dann op New York komm?"

„Tja, an der Scho'l hun ech och alt net zevill giere gele'ert", erklärt den Niki, „a we' du d'Amerikaner 1918 ko'men matt hire fantasteschen Erziélongen iwer d'States, du hun ech alt geduecht, hei me' Chance ze hun a mei Liéwen e bösselche besser mâchen ze können we' dohém."

„Abé", sét den Direkter, „elo breng der mir emol d'Iwersetzong vun der Zeidong an da gesi mer virun!"

D'„New York Times" könnt eraus matt allerlé fetten Titelen iwer Thème vu Letzeburg. D'„Unio'n" get abonne'ert, an den Niki iwersetzt se all Dag matt Stolz a Fréd. Hién ass zum Interprèt avance'ert matt enger sche'ner Gehaltserhe'gong. Mé iéwer och all Dag dét d'Hierz dem Niki me' we', hién ass jo de'f dran ömmer Letzeburger bliwen, an hât sech an all déne Joren an der Friemd net können décide'eren fir eng auslännesch Fra ze huelen. Elo op émol get sein Hierz krank. D'Wonnen, anstatt ze hélen, gin ömer me' gro'ss, an enges sche'nen Dags stét den Niki virum Direkter a sét em:

„Här Direkter, ech muss eröm hém! Ech muss mei Land eröm gesin, lôsst mech goen."

„O", sét den Direkter, „grad elo wo' ech iech eso' ne'deg brauch? But all right, da git, mé kommt eröm. Git a schreiwt mer alles wat der nömme könnt iwer èr Hémecht. Ons Amerikaner wärden et bestömmt matt gro'ssem Intressi liésen."

Den Niki gét. Eng Woch kann en neischt schreiwen. Mé du gét d'Hierz em iwer. All Dag stét en Artikel iwer Letzeburg an der „New York Times". Letzeburg get populär. D'Amerikaner liése vun dém klenge, stârken, onofhängege Land, dat an Europa töscht Frankreich, Belgien a Preisen agekuschelt leit.

D'„Unio'n" huet hiren Zweck errécht. Zu New York um Times Square um 12. Stack, am Büro vun der „New York Times", stét bei den Dossiéen önner dem „L" en extraen matt „Letzeburg" drop.

Et wir zevill sche' gewiescht...

(Gedanken öm Cröschtdag)

Ve'er Jor Krich a Sclaverei hätte bal all Moral ausgewöscht. Dofir get hautdesdag eso'vill geried a geschriwen vun Erneiern, Gesondmaen, vun Neiopbau. — Fir wien? Fir de' Domm?

Well méscht ass den Egoissem eso' gro'ss, datt en én unekelt...

Datt en anere Wand an onst politescht Liewen blose muss, eng gesondstark e'slecker Loft, doriwer eng aner ke'er.

E klengt Wirtchen nemmen haut iwer „d'Solidarite't", iwert en énegt Zesummenhalen, iwer d'Höllefen...

*

We' am Mé 1940 d'Ongleck iwert ons eragebrach ass, an ons Escher Ge'genden hu missen evakue'ert gin, woren se op hire beschwe'erleche Wée fro', wann se irgendwo' önner Dag komme konnten.

An do huet dat e'wegt Frankreich de' gudd al gallesch Dugend vun der Hölleïsberétschaft op en neis bewisen.

*

Am Dezember 1944, no bei Cröschtdag, réft sech onsen Do'dfeind, an dém mer nömme Gudds gedon, zu engem lèschte verzweiwelte coup op a fällt iwert den Dél vun onsem klenge Land hir, wo' d'Klöppelmänner an d'Resistenz dohém sin.

Krich ass Krich — ech brauch Iech all dat Grauen net ze beschreiwen. — Et ass evacue'ert gin eso' gudd et go'ng, an eso'weit et me'glech wor, ma wann e geseit, we' Fraen a Kanner kommen, gro'sser a klenger, de' bal net me' virukommen, eso' sötzt en nach de Schreck an de Glidder, de' dat ne'degst just bei sech hun, an de' net wössen, wur se owes solle schlofe goen, da krämpt sech engem dach d'Hèrz zesummen.

Dat misst ké gudde Letzeburger sin, dén do net hurteg Wé a Möttel fönt, well et stét dach geschriwen: Sit fro' matenén, me' hun ech Iech net ze soen.

*

Ech ko'm zo'fälleg um Birg lânscht, wo' fre'er d'gaieté wor, ma wo' et ower dén owent gur net no gaieté ausgesin huet.

Ech well net pro domo schwätzen, ma d'Unio'n mecht heiando och alt Sâchen, de' wirklech net schlecht sin, — an iwregens wèrt et jo anerwärts och eso' sin — soss misst ech jo um gudde letzeburger Géscht verzweiwelen.

Hei uowen ass dé jiddefalls nach ze fannen, ma wat én durnieft nach bege'nt — en Eoissem fir dén et Wirder get, de' én net schreiwen därf.

*

Ass et me'glech, datt nieft engém Haus, an dém d'Leidd mattgin an délen, sech drecken a ploen an d'Nuecht eso' erembrengen fir Evakue'erten e Bett ze gin, et och nach Haiser a Quartiée get, de' délweis eidel stin, a wo' méschtens virdru Preise woren — oder nach sin?

Ech wöll op den hellgen Dag ké böllegen Hâss priedegen, ma dat soen ech ower: Wann dat net anescht get, a wa matt Knöppel muss erzue gin, da gét d'Unio'n Kontroll mâchen, an de' Herrschaften gin öffentlech un de Pranger gestallt, well

Wa Letzeburg seng ége Kanner
Le'st Honger leiden an der No't
Wann d'Hémecht fir ons aner manner
We' fir de' Friém huet Geld a Bro't, —

O da solls Du, Dén he'ch douowen
D'Natio'ne schaft a le'sst vergon,
Matt Denger Fauscht, de schon erhuowen
Ganz Letzeburg a Stecker schlon.

STRÔSSELIDD / *Wingert*

vun de Letzeburger zu Hinzert.

Mer stin hei am Frong an der Eifel,
Eis Arbecht ass hârt ewe' eis Meifel.
Wann d'Stieren opgin a wann se verblenken,
Mussen um Schantjé un hém mer denken.
Eist Wëllen ass ferm ewe' Eisebetong.
A rar, ma hardi kënt ons d'Wurt vun der Zong.
Wat d'Hierz ganz fillt, kann d'Zong net verdre'en:
Mir stin hei, mir konnten net le'en.

Dir Kanner a Sëschter a Bridder,
Dir Elt'ren, mir lei'n nach net nidder.
Wann d'Jach och hârt ass, et ass ze droen,
Wann én zu dém aner „Kurasch" ka soen.
Mat Tre'nen am A beisse mir alt op d'Zänn,
We' Bém sin eis Recker, we' Goss sin eis Hänn,
Dir Wolleken a Wand, de' iwert d'Welt ze'en:
Drot virun: mir konnten net le'en.

Ech kennen dohém eng kleng Stiedgen,
Engt weisst Haus, an doran e Médgen,
Dat huet mech gèr, an dat hun ech 'so' gèren,
Dem schecke vill Bésen ech vu fèren.
A wann de Krich aus ass, da wèrst du gesin,
O Médgen, ewe' mir eis 'so' gudd verstin.
A schwetz mir ni eppes vu Falsch a Bedre'en,
Du wéss ja, mir können net le'en!

26

Vu ronderöm an iwerall...

D'Preisen hun eng nei Offensiv am Westen ergraff. Mat enger Brutalite't sonnergleichen versichen se durchzebriechen, fir den égenen Zesummebroch nach können opzehalen. Volkssturmmänner, bewaffent Fraen, Hitlerjongen a Giéler brennen, murden a rawen an dém neie Krichsgebitt. Wann et och vleicht de leschten Verzweiwelongscoup ass, da beweist en dach, we' permanent de' preisesch Gefor ass, an datt am Krich an nom Krich ké Möttel ze schued soll sin, fir si fir allemol kleng ze kre'en.

A Litauen sin no engem offiziellen russesche Bericht 165 000 Krichsgefangener an iwer 300 000 Zivilisten vun de Preisen erschoss a vergast gin.

Frankreich a Russland hun e Militärpakt fir 20 Jor ofgeschloss. Wann d'Preisen nach eng Ke'er d'Franzo'sen ugreifen, da falen d'Russen de Preisen direkt an de Reck. Greifen d'Preisen d'Russen un, da falen d'Franzo'sen de Preisen an de Reck. Et ass nömmen ze wönschen, datt me'glechst vill Länner dém Pakt beitriéden, dén de' secherst Garantie vun engem lange Fridden ass.

D'Grenze vu Polen sin nach önmer eng Streitfro. Russland wöllt e gro'sst Polen, ma als Folleg vu sengem Sieg iwer d'Preisen, wöllt et d'russesch Grenzen me' no Westen reckelen bis zo' dem Ponkt, wo' eng russesch Volleksmajorite't ass. (Curzon-Linien). Dodurch misst Polen dann seng ukrainesch Provenzen mat Lwow opgin. Als Entgelt krit et Ostpreisen matt Kinesbérg an Danzeg an hätt dann aplaz de schmuele Korridor vu Gdingen iwer 350 km Küst. Ausserdem könnt et sech nach u Schlesien an u Pommern schuedlos halen. Selbstverständlech wär dat nömme me'glech, wa gro'ss Ömsiedlongen firgehol ge'wen. England ass ganz d'accord matt Russland. Amerika ass d'accord, wann d'Polen de Projet unhuelen.

A Griechenland ass Krich a Birgerkrich. De' lenksgericht Resistenz kämpft ge'nt de' rechtsgericht Resistenz an ömgeke'ert. D'Regierong Papandreou mat Höllef vun den Engländer kämpft ge'nt de' zwo' zesummen. D'Resistenz huet dodurch bei weitem me' Leit verlur, we' d'Preisen hinnen der konnten do'dmachen. De' onhémlech Situatio'n soll dodurch geklärt gin, datt de Metropolit vun Athen Regent genannt soll gin.

A Belgien huet d'Resistenz (Armée Blanche) op Urder vun der Regierong Pierlot hir Waffe missen ofliweren, nodém d'Gendarmerie e puer Mol op se geschoss hat. Et fréit sech do, op si d'Waffen eröm kre'en, wo' de Preiss eröm am Land ass, an op d'Regierong Pierlot no so' enger Blamage nach weider bleiwe kann.

Schweden ass en neutralt Land. Elo opémol, we' d'Allie'ert me' no erukommen, gesin si an, datt d'Preisen de Krich musse verle'eren. Hir Zeidonge si voll vun déne Brutalite'ten, de' d'Preisen an Norwege mächen. Wa Schweden elo dono handele ge'f, an d'Preise ge'f ugreifen, könnt de Krich vill me' se'er eriwer sin.

A Spuenien ass d'Situatio'n oniwersichtlech. All Mönsch erward, datt de Franco freiwölleg ofdanke soll, an datt dodurch de faschistesche Regime vun der Phalange durch den demokratesche Regime op fridlechem Wé ersat göt. Dodurch ge'f Spuenien en neie bluddege Birgerkrich erspurt bleiwen.

An Italien huet den urale Ministerpräsident Bonomi eröm eng nei Regierong op me' bréder Grondlag gebild.

An Ungeren gét eng vun de schrecklechste Schluechten aus desem Krich weider. D'Ungaren mussen mat hirem égene Bludd dat bezuelen, wat hir Truppen jorelang a Russland verbrach hun.

Op de **Philippinnen** sin d'Amerikaner am Ugröff. Nodém si d'**Insel Leyte** bal ganz besat hun, sin se ganz onerwart mat starke Kräften op der Insel Mindoro geland. D'Japaner sin an 'der Defensiv an ze'en sech ömmer me' a Richtong Japan zreck.

Mir kennen en Affekot, dén allerdengs net an der VDB wor an dofir ganz schärf ge'nt all seng Confrèren opgetratt ass, de' de Roff gedroen hun. Haut licht de Bocksfo'ss eraus — de gestrenge Här beme'.sech matt alle Möttelen, secher net „ehrenamtlech", all me'gleche giéle Krätz eröm weiss ze wäschen. — Wi... ass dé gre'ss... Schöllegen do, Här gestrenge Richter — Net-VDB? Wo'fir gét dat net den Affekote verbueden? D'office soll en Affekot gestallt gin an d'Honorar soll dem Gennestötzongsfong fir d'Geïngesdelt iwerwise gin.

De Contrôle des Communications ass dat neist wat mir hun. Eigentlech misst hien oppassen, datt neischt am Land ge'nt militäresch Secherhét zirkule'eren ge'f. Mä sein Haptzweck bestét doranner Letzeburger auszespione'eren. Wann de Jang dem Neckel e Bre'f schreiwt an hie sét an dem Bre'f eppes vun engem decken Här, da kritt den decken Här eng Kopie vun dem Bre'f matt der Adress vum Schreiwer. Also' opgepasst, wann der net erafale wellt.

D'Eisebunnsdirektio'n ass eppes ganz flottes. Zönter datt Preise fort sin, krut ech keng Frechhéte me' op engem Büro gemächt. Wann én do ass, dé mol eröm gieren e puer Frechhéten astecht, da soll hien op d'Eisebunnsdirektio'n op Zömmer 22 goen, an eng Erlabnes froen fir mam Zug ze furen. E kritt emol keng Zeit de Monn opzedoen, dann huet e schon seng Bridd. Wann en de Courage huet, soll en dem gutgenirten Här e Bonjour vu mir matthuelen, a wann é ganz courage'ert ass, soll en hién emol froen, op dat sech net vleicht och he'flech ge'f soen.

Eng Geheimorganisatio'n hun de' Giel an denen zwé Prisonge gegrönnt. Am Prisong gin si verédegt. Jidferén, den eraus könnt, muss sech verpflichten, we'negstens nach fönnef Memberen opzehuelen. D'Nouvellen aus der Politik a vum Krich wössen si virun ons. Frot mech elo net was si domadder bezwecken.

En etlech Butiker hun hir Dieren a Fönsteren nach matt preisesche Reklamen ewe' Ata, Imi, Henko a. s. w. beklackt. Ech mengen et ge'f ower elo he'ch Zeit, datt dat Gewäschs verschwönnt. Soss könnt et emol passe'eren, datt ech nach e puer Pavésteng zevill hätt.

Den Echo de l'Industrie ass d'Zeidong vun denen Decken. Dorfir hun si och an hirer e'schter Nummer d'Regierong ongefuerdert „de procéder au Luxembourg a des impositions moins brutales qu'en Belgique". Ma de' wir kammo'd. D'Krichsgewönnler mat Glacéhänschen upacken? A wat ass?

D'Jonggesellen wollten der Dég e Bâl organise'eren. Op de Bâl wollten si all de' Médercher alueden, de' dest Joer nach op ké Bâl waren oder de' mol eng Ke'er owens frei wiren. Well si awer kén eso' e Médche font hun, ass neischt aus dém Bâl gin.

—:—

D'Letzeburger Médercher délen heimatt den heiratsfähegen Interessenten aus dem neie Jonggesellclub matt, datt si scho läng e geheime Club gegrennt hun, dém seng Memberen sech all éneg sin, matt dem Bestueden ze wärden, bis ons Jongen aus der Front an aus England erem sin. Mir erwärden nämlech vun dénen, datt sie durch de militäreschen Drill an d'Durchstreifen vun der Welt u Schliff a Savoir-vivre zo'geholl hun, wat mir bei onsen zo'kënftege Männer viraussetzen. Vielleicht können dann d'Memberen vum Jonggesellclub och nach zo' hirem 'géne Virdél eppes le'eren, an si breschen dann op „d'Freieren aus Amerika" net me' jalo's ze gin. Mir si secher, datt de' ömgesidelt Médercher, wann se erem sin, o'ni längt iwerléen och onsem Club beitriéden.

Mat zwé Fe'ss um Buedem

I.

Mir sin e klengt Vollek vun 300 000 Leit. Mir sin net den Zentrum vun der Welt. D'Welt richt sech net no ons: mir mussen ons no der Welt richten.

Elo gét d'Plange fir onst wirtschaftlecht a soziält Liewe gemäch. Besonnesch gi vun de Baueren an Arbechter Furderonge gestallt. Loss mer dobei ni vergiéssen ons ze froen, wat an der Welt, we' se nun émol ass, sech durchsetze le'sst.

Fir d'Baueren gi Mannstpreisser verlängt. Mecht d'Belsch, matt dèr mir eng Wirtschaftsunio'n hun, matt? Wann net da könnt iwer d'Grenz bölleg Botter, bölleg Wéss, böllegt Flésch. An ons Baueren gin hirer deirer Wur net lass, oder mer mussen trotz Wirtschaftsunio'n d'Grenz zo'mächen.

He'ch Preisser fir d'Baueren mächen d'Liéwen deier. Ass d'Liéwen deier, mussen d'Le'n he'ch sin.

D'Belsch gét op e böllegt Liéwen an nidreg Le'n aus. Durfir gét si och an der Sozialpolitik net eso' weit we' mir. Huelt emol un, de Wolzer Schneider bezuelt senge Gesellen 10 Frang fir d'Stonn, de Bâschtnecher 6 Frang: da ko bei 40 Arbechsstonne pro Kostüm de Belsche Kostüm 150 Frang me' bölleg gin, we' de Wolzer an en huet nach me' gewonnen. Dat wössen de' Wolzer geschwönn an de' Bâschtnecher och. Et ass net weit vu Letzeburg bis op Arel a vun Esch bis op Athus. Schliesslech ass et eso': ons Gesellen hu Recht op he'ge Lo'n, mé wa se gären Arbecht hätten, da mussen se an d'Belsch goen a matt de belsche Le'n zefridde sin.

Eso' gét et jidfer Handwierker a klengen Industriellen, de' net un d'Plaz gebonne sin we' z. B. d'Coiffeuren.

Mir schwätzen vu neien Industrien, de' solle gegrönnt gin. Wién e pur Millio'ne riske'ere wöllt, dén iwerlét sech ömmer wo'-en an bölleg ste bauen a produze'ere kann: wa Letzeburg ze deier ass gét e bestömmt iwer d'Grenz.

Fir all dat ze verhönneren musse mir och d'Grenz fir Industrieartikelen zo'mächen, trotz Wirtschaftsunio'n — a, wat bleiwt dann nach vun der Wirtschaftsunio'n?

Op et ons gefällt oder net: eso'läng we' mir eng Wirtschaftsunio'n mat der Belsch hun, könne mir an onser Agrarpolitik, an onser Lo'npolitik, an onser Sozialpolitik net iwert d'Belsch goen.

Gewöss fir dén Gro'ssindustrie göllt dat net. Le rechne net mam belsche Märt, mé mam Weltmärt. Ower, wann emol d'Rodanger He'chiewen nei gebaut musse gin, da könnt Ougrée denken: „Ech recke se e pur honnert Meter iwer an d'Belsch, da spuren ech all Dag Dausenden op de Le'n". An da kommen all Ke'er de Fanger an de Mond stiéchen.

M. K.

Dat elei an dat elo!

E Militärdengscht ass ganz onerwart iwer Nuecht am Letzeburger Land age'fe'ert gin. De preisesche Sender Leipzig huet et schon en Donneschdeg gemeld. Radio London go'f d'Nouvelle e Freideg de muergen durch, an e Freideg de möttег stong sie dann och schliesslech am Wort. Et ass jo och eng Sâch, de' d'Letzeburger gur neischt ugét an dofir ass et net me' we' richteg, datt mer dun net doriwer gefrot si gin, datt d'Letzeburger de' lescht waren, de' et gewuer si gin.

Eis Kasären ass al a baufälleg, klengs a knaschteg. Eng nei könne mir nach eso' bal net bauen. Dofir, wa mir elo agezu gin, brauche mir nömme muerges an de Kasärenhaff ze goen, möttes gi mir de Schintgen léssen, nomöttes gi mer op de Glacis Fenkes spillen, owes gi mer hém bis d'Fra schlofen an en Enn vum Mont gi mer an d'Spurkösecht d'Pai sichen. Dat ass a kurze Wierder de Liéweslaf vun eisem neien Zaldotеliéwen.

D'Bretzelbäker vum Lamperbierg, dén alen an de jongen, hätten och sollen erauskommen trotz dem Veto vun der Unio'n. Mei Gott, et kann ons jo och schliesslech egal sin. Als preisesch Aktivisten waren se schon 1918 aus Lothringen erausgejot gin. Mir hun se we'nt hirer giéler Aktivite't an desem Krich agesat. Dobei war de jongen nach niewebei Krichsfreiwellegen (An dem Fönster vun der Unio'n Lamperbierg hängt de Beweis). Den alen, den, trotzdem e 26 Joer am Land ass a nach ké Wuert Letzeburgesch kann, sot ömmer e wir nach le'wer e knaschtege Preis ewe' e gudde Letzeburger. E krut se och net. Gin dofir dann de Dag gudde domme Letzeburger. E krut se och net. Dat mir se elo gewönnen, ma vleicht hat en net onrecht, an dofir stellen ech mech iwermur virun d'Dir a filmen de' allegueren, de' aplaz de Butik ze boykotte'eren, nach ömmer dur kafe gin. Da verschwönnt och endlech emol d'Reklam: Konditorei ——

E Photograph vu Bonneweg ass gebieden seng Stänkereien ge'nt d'Resistenz ze önnerlossen. E wess jo sicher vun wivill Dausend Photoen hien fir d'preisesch Militär gemäch huet, op denen dat zu Charkow russesch Männer, Zaldoten, Fraen a Kanner reiheweis opgehang huet. Soss déle mir de russescher Colonie d'Adress emol mat, dat kann no'm Negativ kucke könnt. Se huelen dann an engems den H.J.-Spio'n matt, den do önnergekroch ass.

ENG GUDD MAMM

Eng Sönd an eng Schan!

Eng gudd Mamm, de', we' d'Preisen hei waren, alles gemäch huet, wat se nömme konnt, fir hiren énzege Jong dé ké Papp me' huet,

de' hire Jong zu gudder lescht nach verstoppt huet bei sech, well en de Stellongsbefehl kritt hät,

de' fir ve'er aner Jongen, de' och verstoppt woren, ömmer geholle' huet erbeibrengen, wat nure me'glech war,

de' ömmer gebied huet fir d'Erle'song aus der preisescher Sclaverei, an datt se ké vun onse Jonge kre'e sollten,

de' hire Jong elo an de Kolle'sch wöllt din fir eppes ze le'eren, kritt haut eng Pensio'n vun 591 gänzer letzeburger Frang de Mo'nt.

Dobei sötzt de' gudd Fra matt hirem Jong an engem Hönnerbau a muss no onser gudder Preisregelong 312,50 Frang de Mo'nt Loyer bezuelen.

Hun se net grad eso' vill Recht op Loft a Lucht ewe' aner?

Dèr gudder Wittfra hire Mann huet dem Land vill Dengschter geléscht a sengen 23 Jòr, de' hié fir de Staat geschafft huet.

Virum Krich konnt de' gudd Fra alt mat enger Pensio'n vun 8—900 Frang rechnen, je' nodém den Index stong. Bei de Preisen ass se bis op 100 an 110 Mark kom, trotzdém se net an der VdB. wor.

Kritt de' gudd Mamm vleicht hir Pensio'n ömgetosch, ewe' ons Marken ömgetosch si gin, ech mengen, da ke'men de' awer gud dewech, de' am Krich net hei waren an elo hir Gehälter zu 10 Frang sin 12,50 Frang plus 60 % ömgetosch kre'en.

Eso'. we' de' gudd Mamm an Weisong de Kapp durgehalen huet op Uweisong vun eiser Regirong, misst se haut d'Hand durhalen. Ass dat de Merci? Wann é virum Krich zu zwé mat 900 Frang de Mo'nt neischt zé vill hät, da kann én haut mat 591 Frang de Mo'nt zu zwé dach secher net fett gin. T.

D'„SPORTGESETZ"

Text vun der Radio-Causerie vum 13. Dezember 1944. Et schwätzt: Alex Servais, Sekretär vun der Regirongs-Kommissio'n.

Virun 8 Dég hat den Här Gustav Jacquemart iech eng frédeg Mattdélong vun hei aus gemächt. D'„Sportgesetz", dat héscht dat Gesetz iwer d'physesch a national Erze'onk vun onser Jugend get elo endlech zur Wirklechkét.

Ons Sportsleit können sech all erönneren, datt de' lescht Joren virum Krich de Wonsch no enger durchgreifender an enhétlecher Regelong vum Sportswiesen an onsem Land emmer me' stark zum Ausdrock komm ass, an datt am Besonneschen de „Conseil supérieur d'Education physique" an de „Comité Olympique" seit Joren beme't woren, de' ganz berechtegt Furderongen durchzesetzen.

De Krich ower huet e gro'sse Strech durch all ons Hoffnonge gemäch a wärend 4 länger Joer onst ganzt Sportswiesen so'zesoen still geluegt, mé op enger anerer Seit awer dénen, de' et net wossten, gewisen we' blutno'twenneg eng richteg kirperlech a national Erze'ong vun der Jugend fir d'Léschtongen an d'Widerstandskraft vun engem Vollek a schwe'eren Zeiten we' de' elei ass.

Elo si mer endlech eröm frei! Alles wat ganz echt Letzeburgesch war, we' ons égen Sportsorganisatio'nen si vum verhässte Preiss wärend der Okkupatio'nszeit matt Nodrock zerste'ert oder we'negstens verbuede gin. Hei we' an allen aneren Déler vun onsem égenen Liéwen musse mer ... opriichten ... wat de' verbriecherescher Hand niddergerass go'f. Dat neit Sportgesetz soll de Grondstén zum Opbau vun der physescher a nationaler Erze'ong vun onser Jugend gin. Zu dér Arbecht reche mer op ons allegueren fréleg d'Hand well mir Sportsleit kennen keng Politik a keng Parteien.

Den Här Jacquemart huet iech leschte Möttwoch a kurze Wirder de gro'ss Neierongen gesot de' onst Sportgesetz brengt an domatt onst le'wt Letzeburger Ländchen och an deser Beze'ong op de'selwecht He'cht setzt we' ons gro'ss Frönn a Noperstaaten vun de allie'erten a neutrale Länner.

Ech wöll iech den Owend e klengen Ableck gin an de' gro'ss Ustrengongen a Neierongen de' nuren wärend desem Krich vun dén anere Länner gemächt si gin fir eng gesond a kräfteg Jugend matt engem richtegen patriotesche Gescht erun ze zillen.

Haut 8 Dég önnersiche mer an enger 2. Bespriéchong wat vun déne Neierongen d'Regirong an onst Sportgesetz matt era brenge kann fir dem Ländchen eng moralesch stark a kirperlech gesond Jugend ze gin.

De Wèrt vun der physescher Ausbildong verbonnen matt enger stark betonten nationaler Erze'ong haten de' al Grichen a Re'mer schon erkannt an d'Stärkt an de Bestand vun hire Staaten op dese Grondprinzipien opgebaut.

De' gro'ss modern Staaten sin zu Enn vum virege Jorhonnert zu dèr Erkenntnes kom an hun dem Sport an hirem Vollekslièwen ömmer me' Plaz gin. Allen virun ons gro'ss westlech Demokratien an Allie'ert: England an Amerika. Datt grad England zum Hémechsland vum Sport go'f, ass sprechwirtlech bekannt. Dé Gescht vun Ustrengong, Wöllenskraft, Ausdauer, Affermutt an Disziplin dén England an desem Krich un den Dag geluegt huet, ass dé sche'nste Beweis fir den ongeheire Wèrt vun der Jugenderze'ong an 't ass dé Gescht, dén England och dese Krich gewannen dun huet, besonnesch an dene schwe'eren Zeiten vum August 1940 bis zum Summer 1941, we' et ganz eleng ge'nt de Preiss sto'ng.

Datt d'U.S.A. de' onbestridde Gro'ssmacht am Sport sin, wösse mer allgur. Mir brauche nuren un d'Olympiaden zreck ze denken. Keng énzech, de' se verlur hun. All hun se se gewonnen, a we' gewonn! Matt Spetzeléschtongen de' d'Welt pa'f gemächt hun.

Mé grad elo, wo' mer vun den Olympiade schwätzen, könne mer dat Wurt net ausspriéchen o'ni un e klengt Land ze denken dat oft den Amerikaner hire gefe'erlechste Ge'gner wor an dém sei Num net vum Begröff „Olympiad" ze trennen ass. Ech mengen Finnland matt senge knapps 4 Millio'nen Awunner. Wat de' Leit an desem Krich geléscht hun an och haut nach weider schloen un der Seit vun de Russen, ass ongeheier. A wo'fir? Mé well Finnland sener Jugend seit Jorzengten eng physesch a national Erze'ong get, de' hires gleiche sicht. A nach get se all Dag ausgebaut a verbessert. Eso' go'fen z. B. am Jor 1942 an de finnesche Scho'len als Flichtfächer: Schwammen, Lichtathletik a Skiláfen agefo'ert. All finnescht Kand, ob Jong oder Médchen, muss am Enn vum Sche'ljor bestemmt Mindestléschtongen färdeg brengen fir können an eng he'er Klass opgeholl ze gin. Et handelt sech heibei em d'Primärscho'len. An de Möttelscho'len an den Universite'ten gi vill me' he'ch Furderongen am Sport un d'Jugend gestallt. E frappant Beispill we' de klenge Finnländer aus de Kannerschong eraus on de Sport virberéit get, ass dat elei: 1943 go'f durch Regirongsbeschloss dat so'genannt „Sportofzéchen fir d'Knirbsen" (dat héscht no de finnesche Bestömmongen fir Bo'wen vun 7—9 Jor agefo'ert. Den e'schte Mont haten 10 000 Jongen et gewonn. 2 Me'nt drop woren et scho 22 000. Zu Ufank vun desem Summer huet Finnland trotz Krich a Misèr et färdeg bruecht fir d'Scho'len 2 000 Schwamm-Méschter ze stellen, de' haptsächlech fir d'Scho'len um Land bestemmt woren. Am iwregen ass et mengen ech bekannt, datt Finnland scho virum Krich sein égenen Sport- a Gesondhétsministère hat.

Schweden ass bekanntlech we' all skandinavesch Staaten, e se'er fortschröttlecht a sportlecht Land. Erönnere mer ons nömmen un d'olympesch Spiller vun 1912 zu Stockholm, de' e Muster vun Organisatio'n a Léschtong woren. Schweden huet scho lang sei Sportofzéchen fir d'Jugend. Am Jor 1942 ko'men 2 Millio'nen dervun zur Verdélong, dovun eleng 426 148 un d'Lichtathleten. Fir ons Begröffer wären dat astronomesch Ziffren. Op de Scho'lsport ge' de gre'ste Wèrt gelegt a vill Scho'len bestinn do fir d'sportlech Ausbildong vun de Scho'lméschteren an de Scho'lméschtеschen. Datt de Sport an der schwedescher Arme' en häpt Ausbildongsfacteur ass, begreift sech vun selwen, well e gudde Sportsmann bekanntlech och e gudden Zaldot get. (Get fortgesat.)

ASS ET NET ESO ?

An engem Durf net weit vun der Stad, emfänkt eng Madame, ere'scht am Krich matt engem letzeburger Pg. bestued, all Dag 3 bis 4 Zaldoten fir zu alle me'gleche Stonnen. De Mann sötzt am Prisong. D'Jonge wössen dat ower net. A we' spillt sech eis Madämchen dobei op? Eso' gudd, datt d'Jongen fir si, an am No'tfall eso'gur fir hirê Mann antriéden, well d'Madame eng fei Perse'nche war. An da wönnert é sech nach, datt et zo'gét, we' et gét.

Fir wat si net allegur de'je'ng interne'ert oder agelacht gin, de' et fir d'Land gefe'erlech woren, sin a könne gin?

Well soss d'Preisen net um Lafende wiren, wat hei am Land virgét.

Well soss d'Preisen, de' an der Nuecht hémlech an d'Land kommen, net wessten, wo' se sech sollte wennen.

Well soss d'Preisen net ge'we wössen, datt et matt eise Letzeburger am Reich sollen ömgoen.

Well soss d'Preisen net d'Roff gené gewosst hätten, wo' se de léschte Samsch deg an eist Land sollten abriéchen.

Well soss d'Preisen net gesot kriten, wur se matt hire Kano'nen sollte sche'ssen.

Well soss d'Preisen net gewur ge'we gin, wur se hir Minnen sollen léen, an en Tunnel oder önner eng Breck.

Well soss d'Letzeburger Preisen eise gudde Letzeburger net de' bescht Plazen an de Verwaltongen a Betrieber könnten ewegbotzen.

Well soss d'Letzeburger Preisen eise gudde Letzeburger d'Iélewuren d'Schung an all de' aner Sächen net vir de Nues könnten ewechkäfen a. s. w.

A fir wat ass et eso'? Well hei am Land eng ganz Rei Leit net wössen, wat e Preiss ass. Dén se net virum Krich kannt huet, dé kennt s'elo och nach net. 'T muss én se scho me' läng kennen, fir ze wéssen, dá wéss é wo'hi matt hinnen. D'Amerikaner kennen d'Preisen och nach net richteg, ma si le'eren se kennen, dohém sin se nach schlömmer we' dobaussen. — Dofir muss elo emol eng Ke'er ganz gro'ss Botz gemach gin.

Bass du e gudde patriot,
beweiss et durch deng dot;
weiss gudde wëllen, sief net faul,
mach deng arbecht, hal deng maul!

Gëf desem arbecht, dem gëf brout,
dann ass geschwënn bei ons keng nout;
biet an arbecht hand an hand
fir d'wuel vum Vollek a vum land!

AUS DER »UNIO'N«

Wién ass matt?

E Sonndeg, den 10. Dezember 1944 war ech an der Opklärongsversammlong vun der Unio'n am Hotel Theisen an der Wâssergâss. D'Versammlong war ganz opklärend iwer verschidde ganz interessant Froen. We' ech dun dohém wor, hun ech mech gefrot: We' behölt sech an deser Zeit e gudde Letzeburger?

E gudde Letzeburger soll an deser schwe'rer Zeit eso' vill we' me'glech um Opbau vu senger Hémecht matthöllefen. Dat hécht e soll matthöllefen, datt aus eiser Hémecht e Land gemat get, wat sengesgleichen op der ganzer Welt net huet. Ech wöll domatt soen, datt eis Hémecht nom Krich nach me' he'ch an den Aen vun alle Länner soll stoen, we' se virun an am Krich do stung. Well mir könne ro'eg behâpten, datt mir virum Krich et ongefe'er am beschten vun alle Länner op der Welt hâten. Dofir sollen an desen Zeiten d'Letzeburger allegur matthöllefen, datt mir aus onsem klenge Ländchen eng Pierel, en Diamant mâchen, datt d'ganz Welt op eis neideg ass. Mir sollen do stoen, eso' kleng we' mir och sin, als eng éneg, stark, propper, reng a sche' Natio'n, eso' fest zesummegegoss ewe' e Fiéls (we' de' Hären Schammel a Stoffel eso' sche'n an der Versammlong soten), grad eso' fest an net un d'Wibbelen ze kre'en ewe' eis „Bockfiéls", wo' d'We' vun eiser Hémecht, vun eisem sche'ne Letzeburg stung.

Fir dat awer ze erréchen, musse mir an desen Zeiten zesummenhalen, an nömmen un d'Wuel vun eiser Hémecht denken. Mir mussen dofir all dat Ongeziwer am Land verdillegen, soss frösst et ons eis Sot op, a mir stin am nèxte Summer an Hierscht virun enger miserabler Ernt. Dofir durf gur kén zecken fir mattzehöllefen de'je'neg auszemîrzen, de' net wîrdeg sin, de Num „Letzeburger" ze droen.

E gudde Letzeburger durf né'ergens eng Demarche mâchen, fir e Preiss, e letzeburger Preiss, e Landesverbriécher oder Krichsgewönnler, dé verhafft oder interne'ert ass, frei ze kre'en.

E gudde Letzeburger durf eso'gur fir e Brudder, eng Schwester, e Schwor, eng Schnauer, e Koseng, eng Kusin oder fir e Papp oder eng Mamm, wann si matt de Preise gehal hun, gur net antriéden. (Ech denken hei un e Frönd, dé mir op meng Fro „Marcel, wat mecht dei Papp?" geäntwert huet: „Ech hu ké Papp me'. E wor Preiss").

E gudde Letzeburger durf gur net zecken, fir eso'gur sei Chef unzekloen, well e vleicht mengt, e ge'f seng Plaz verle'eren.

Nén, eso' durf et net viru goen. Offen an e'erlech musse mir eis Uklo könne virbrengen, o'ni irgendwe' e Risiko ze lafén, datt mir vun uewen erof vun eiser Plaz verdriwe gin. Dofir schloen ech dat hei fir (ech mengen d'Unio'n wir domatt averstan): Wann én eng Uklo ze mâchen huet, da soll en se dem Bezirks- oder Distriktschef vun der Unio'n perse'nlech a schröftlech mâchen, matt allem Beweismaterial. De Bezirks- oder Distriktschef gét der Sâch op de Fong. Wann alles stömmt, hölt d'Unio'n d'Sâch an d'Hand. Dén d'Uklo gemâch huet brauch da gur net ze färten, datt en seng Plaz verle'ere soll. Well hannerun him stét d'Unio'n. An si ass stark, get all Dag me' stark a färt net, egal wat do könnt. A wann emol é probe'ere wöllt, fir op d'Unio'n ze tröppelen, dé kann dann datselwecht Wonner erliéwen, we' wann en e Le'w op de Schwanz ge'f triéden.

Ech mengen jidferén, eso'gur d'Preisen, wösse jo we' de „Letzeburger Le'w" dann äntwert a lass gét.

Letzeburg-Bezirk I.

De vergângene Sonndeg, 9. Dezember 1944, hat de Bezirk I vun der Unio'n Letzeburg-Stad, eng Opklärongsversammlong ageruff.

De Sall vum Hotel Theisen an der Wâssergâss zu Letzeburg war bis op de' lescht Plaz voll.

De neie Bezirkschef Bodens huet no der Begre'ssong d'Versammlong gebiéden, sech eng Minutt ze erhiéwen zum Gedenken un all Letzeburger de' durch de preiseschen Terror an Zwank gesturwe sin.

Als E'schten iwergöt hién dann d'Wurt dem fre'ere Bezirkschef Stoffel, dén iwer d'Arbecht an den Opbau vum Bezirk I am Krich geschwat huet.

Durno huet den Här Distriktschef Jomé d'Wurt ergraff an engem Bericht iwert **d'Arbecht vun der Unio'n als Oennergrondorganisatio'n zenter 1939.**

Firt drött huet den Här Nicolay vum Zentral-Comité a sengem ausgezéchente Bericht iwert **d'Zesummenarbecht vun der Unio'n matt der Rege'rong an dat wat bis elo erréchf ass gin,** geschwat.

D'politesch Auswirkong vun der Unio'n am Bezirk I an d'Recht vun der Unio'n fir eng politesch Roll ze spillen, huet dorophin den Här Langers behandelt. Hién huet verschidde Mösstänn betr. Arrestatio'nen an Interne'erongen belicht.

Fir d'lescht huet den Här Belling als Sektio'nschef vun der Unio'n villmol merci gesot fir de' gro'ss Höllef an Trei, de' si der Unio'n an de leschte Joren geléscht hun.

D'Versammlong huet alle Riédner kräfteg a lang applaude'ert.

Zum Schluss wor et jidferengem frei gestalt, Froen a Kloen virzebrengen. Et huet un Ofwiésselong net gefélt. Vill Froen konnte vun den Hären aus dem Zentral-Comité, dorönner och den Här President Schammel, positiv a präzis beäntwert gin. All aner Problemen gi matt der Höllef vun der Unio'n op der richteger Plaz virbruecht an durchgesat.

No Letzeburg an u verschiddener. — Iwer dat Kapitel **Juegd-Unio'n** hu mer er Zo'schröfte weidergin un de' Plaz de' sech em d'Juegdunio'n bekömmert. Mer hun de rapport vum St. Hubert-Club nöt bruecht an och hiren aneren nöt, well se schon an anere gazetten virdru woren. De' momentan Situatio'n am Land ass nöt eso' datt én o'ni Gefor ka Polemiken riske'eren. Eren a vill aner Bre'f könne mer nöt brengen, eso' interessant se och sin. Eso'weit mir oriente'ert sin, wir eng Enegong me'glech — wofir se also nöt z'erréche sichen, am Intressi vun de Jéer an am Intressi vum Land? De' gro'ss Botz bei Iech mâcht der am beschte selwer, — da göt se och gudd. D'Unio'n stét dobei nöt zreck, well si jo och um Standpunkt stét, datt ons Juegden och en Nationalreichtom ass, dén nömmen de Letzeburger gehe'ert. — **Elo soll a muss d'Juegd zo'bleiwen, wat durno könt klärt sech och!**

Letzeburg. — **We'nt dem Abeze'en vu Letzeburg an de Frontsektor ass em 7.30 Auer owes Feierowend, an em 8 Auer huet jidferén dohém ze sin, dén nöt e Spezialausweis huet.**

Versicht ons nöt.... — Vum Büro de Placement gescheckt, könnt eng Dam aus der „Lorraine" en certificat froen, datt se „politesch einwandfrei" wir, si hätten se gescheckt. Ech frot zreck: „Könnt der mer nöt soen, wat d'Unio'n domat ze dun huet?" — „Ja", sot se, „ech hu mech et och alt gefrot". — Ech sot zu der „Lorraine": „Da misst der ower bal warden, bis mer zesumme bestued sin, an da misst ech nach uecht gin, well et kann én engem wuel an d'Aen, ma nöt an d'Hèrz kukken!"

Garnech. — E Samschdeg, den 9. Dezember wor zo' Garnech eng gro'ss Opklärongsversammlong. Den Distriktschef Kremer Nic. huet iwer all wichteg Froen de' d'Unio'n ugin geschwat, dobei huet de Sectio'nschef Arend d'Usproch gehalen an iwert d'Tätegkét vun der Sectio'n Garnech am Krich geschwat. All Uwiésend sin op hir Rechnong komm an zo' aller Zefriddenhét huet d'Versammlong hiren Afschloss font.

L. L. P. D. De'fferdang. — E Sonndeg, den 10. Dezember wor zo' De'fferdang eng Generalversammlong vun der Ligue vun de Letzeburger politesche Prisonne'er an Deporte'erten. Den Secretär Anton Kremer huet en Tätegkétsbericht ofgeluegt an iwer all Fonktio'nen vun der Ligue geschwat. Als offizielle Vertriéder vun der Unio'n huet den Distriktschef Kremer Nic geschwat. Sengen Ausfe'erongen no begre'sst hién d'Arbecht vun der Ligue am Cader vun der Unio'n an hié versechert allen Uwiésenden, datt **d'Unio'n eso' we' so' am Krich fir all gudde Patriot agetratt ass an och nach haut alle Betraffenen fest an trei zur Seit stét.** Hié furdert eng gerecht Bestrofong vun alle Verre'der a versprecht dobei datt d'Unio'n all Furderongen vun der Ligue hölleft durchsetzen. Seng Riéd wor stark applaude'ert. Nodém dann den Här Burgerméschter an e Vertriéder vum Escher Grupp geschwat hat, huet den Här Hermes vun der Escher Polizei interessant Ausfe'erongen gemach iwer d'Verhaftongen an d'Interne'erongen. Matt dem Ofsangen vun der Hémecht huet de' e'scht Generalversammlong vun der L. L. P. D. hiren Ofschloss font.

De'fferdang. — Nodém mer de Preise lass sin, an d'Seiberongsaktio'n hiren Ufank font huet, ass et un der Unio'n, op desem Wé eng gro'ss Dankesschold ofzedron. D'Sektio'nen vun der Unio'n De'fferdang, Nidderkur an Uewerkur soen heimatt all déne Leit, de' se am Krich tatkräfteg önnerstötzt hun, siéf et matt Geld, Liéwesmöttelen oder Klédongsstécker, hiren de'fste Merci. Mir waren a sin eis et ste'ts bewosst, datt de' permanent Oennerstötzongen fir d'Resistenzorganisatio'nen eng gro'ss Erlichterong an eng gewalteg Höllef waren an dem schwe'eren an ongleiche Kampf ge'nt de Preiss.

Mir rechnen eis et dofir zo' enger E'er un, a mengen domatt eise Merci am beschten auszedrecken, wa mer de' Leit als Member an eis Reihen ophuelen. Mir hun eise Groupechefs an dém Sönn Uweisong gin bei hinne perse'nlech virzespriéchen. Sollte mer én dobei vergiéssen, da ge'we mer de' Betreffend fröndlechst biéden, bei der betreffender Sektio'n virstelleg ze gin.

Mir soen eise genere'se Spender nach émol villmol Merci, a mer hoffen si so' bal we' me'glech als Member vun der Unio'n begre'ssen ze können.

N.B. — Am Krich, besonnesch am Ufank vun der Resistenz ass et virkomm, wann No't un Mann war wärend déne verschiddene Gestapoaktio'nen, datt eng oder de' aner Löscht vernicht ass gin. Mir biéden dofir fröndlechst de Leit, de' am Krich op engem vun hinne gewiélte Nummero Geldspenden ofgin hun, sech am Büro vun der Unio'n mellen ze wöllen.

Duelem. — D'Unio'n vun Duelem délt matt datt hire Büro vum Haus Spedener an d'Haus Weber No. 78 verluegt ass. Bürostonnen vun 10—12 an 2—5.

No Duelem. — Eren Artikel muss op de fait önnersicht gin, a gét dann den énzeg richtege Wé un de Parquet.

Esch. — Fir d'Rappore vun de Versammlongen zu Esch vun der Unio'n verweise mer op d',,Tageblatt" an op d',,Volksstimme", wo' se in extenso erschenge sin. Wofir och nöt? Mer si jo — d'Unio'n!

Ettelbreck. — Schon 2 Jor vrun der Liberatio'n hât sech hei zu Ettelbreck ons Organisatio'n forme'ert. Si huet och alt hirt Bescht gemâch fir ze höllefen do, wo' et am ne'degste wor. An d'Wehrmacht force'ert an déserte'ert Jongen go'fe verstoppt a matt allem ne'dege versuergt, allie'ert Krichsprisonne'er hun Höllef krit durch Rot an Dot, de' wichteg Informatio'nen go'fen op de' richteg Plâz geléd a. e. w. — Och no der Befreiong hun d'Ettelbrecker eröm eng Ke'er hirt gudd Hierz bewisen, we' fir d'ro't Kreiz gesammelt go'f. Se hun iwert eng hallef Millio'n Frang zesummebruecht (Sept. 1944).

Mir son dat nöt fir deck ze halen, ma fir onsen Ettelbrecker Leidd eng Idi ze gin vun der Arbecht, de' geléscht go'f an och vun dèr, de' nach ze mâche bleiwt. Alle Höllef vu gudde Letzeburger ass ons wöllkomm, och wann se nach nöt „organise'ert" sin. Wiém onse Programm gefällt, kann sech an ons Reie stellen a mattschaffen um Wuel vun onser le'wer Hémecht.

Och wién eng e'erlech Kritik ze mâchen huet, kann sech ro'eg mellen.

Wat ons ower an der Se'l verhâsst ass, dat ass dat anonymt Gebraddels, dat och zu gur neischt fe'ert. Wann eng Uklo ze man ass, da soll se schröftlech a matt deitlecher Önnerschröft ageréchf gin. Nömmen eso' setzt én sech richteg an fir d'Gerechtegkét an d'Wuel vum Land.

Zum Schluss soe mer nach eng Ke'er onse Memberen an alle gudden Ettelbrekker merci am Num vun dénen, de' an No't woren a gehollef krit hun.

Miersch. — Noruff beim Begriéfnes Laux de' vergânge Woch. — Et ass eis Flicht eng Dankesschold vun eis alleguerten ofzedroen an en hellegt Verspriéchen ze gin

Le'w Komeroden, hut dir eigentlech schon iwerluegt wiem mir et ze verdanken hun, datt mir haut so' stârk a geschlossen do stin, datt eso' fre' schon eng Organisatio'n zu Miersch bestong, Wiem verdanke mer et, datt haut nach muncherén g引ecklech a fro' hei hém ka sin an nöt zo' der Hell vun engem preiseschen K. Z. verdâmt ass?

Dir hut all de Numm op der Zong: et ka nömmen den Emil sin. Hie wor e Letzeburger, én dien nömmen d'Wuel vun eiser le'wer Hémecht virun Aen hât: et ass den Emil Laux.

We' e Blötz ass et töschent eis geschloen we' d'Gestapo den Emil fortgefo'ert huet. Et ass eis e Steck vum Härz gerass gin, we' sei Numm émol mueres an der Zeidong stung. Die Muergen ass an eiser Broscht e Feier ugestach gin, dat viru flâmt a ro'st bis op desen Dag an dat nöt verlescht bis d'Hémecht opgebaut ass, fir de' den Emil gestridden a gelidden huet, fir de' en an der Do'd gângen ass.

Ech wöll de' aner Mierscher Jongen nöt vergiéssen, de' deselwegte battere Wé gânge sin. Si stungen eis zwar nöt eso' no we' den Emil, mè mat Stolz betruechte mir si dach als Mierscher. Et sin: de Scharel Hansen, de Niki Konz, de Goldschmitt Franz, de' fir hir Iwerzégong gesturwe sin.

Dir Komeroden all. Ert Beispill, Eren Do'd ass nöt ömsoss. Ere Mond ass stomm, Er Ae gebrach, mè Ere Géscht ass liéweg!

Iech, onsen Helden, verspriéchen ech haut am Numm vun der Mierscher Unio'n: So' lâng we' mir otmen git Dir vun eis an E'ere gehalen. Mir sichen an Erem Géscht weider ze schaffen an eis wiérdeg ze erweisen.

Mir verspriéchen Iech, all de' gudd Letzeburger, de' nach an der Friémt önner der Fauscht vun de preisesche Bestien op Erle'song warden, hém ze huelen an si ze versuergen we' si et verdingen.

Dir le'w Komeroden, lôsse mir ons am Géscht matt hinnen verbannen, de' a friémer Ierd schlofen. Lôss mir hire leschten Hauch: „Mei Letzeburg" matt ganzer Se'l an ons ophuelen!

Miersch. — De virege Sonndeg hat d'Unio'n Miersch sech am Sall vum Hotel Weyer versammelt zo' enger fröndschaftlecher Bespriéchong vu Froen, de' ons all stark interesse'ert hun. Ier et awer zur égentlecher Dagesuerdnong ko'm, huet den Distriktschef Jos. Schiltz, Scho'lméschter zo' Bireng, e Noruff gehalen op ons Mierscher Helden, de' a schwe'rer Zeit vun déne Gangster vun der aner Seit vun der Musel gefâsst, zerdreckt, gemartert go'wen fir onst le'ft Letzeburg. Ons Unio'nsjongen hu stöll versonk nogelauschtert a muencherén huet an dém Moment ere'scht eso' richteg gefillt, wat ons Mierscher Jongen fir d'Hémecht geléscht hun an datt se net ömsoss „Helden" genannt gin. Onsen Distriktschef awer konnt zefridde sin. Seng Wierder, gudd durchduecht, fein an treffend gewiélt, hate vun Ufank un richteg gepakt. Et wor stöll gin we' an der halwer Mass, we' hién d'Versammlong opgefardert huet, an enger Minutt Ro' onse 4 Helden ze gedenken. Mir dron de Noruff an der nèxter Nummer no.

Uewerkéjeng. — Mir e'eren ons gefale Komeroden. Dat hun de' Uewerkéjer en Donneschdeg bewisen durch de feierleche Requiem vun den Déserteuren fir hir Komeroden Jängy Schildermans a Jempy Strauss. D'Boer war bedeckt matt den Hémechsfarwen, fir de' si hirt jonkt Liéwen gin hun. E'erewuecht em d'Boer stongen 6 Déserteuren. No der Mass ko'm et we' en hellege Schwur aus Honnerten vun Hierzer „O Du do uewen dém seng Hand". Durno sin Déserteuren, beglét vun de Familjen an de Mattbierger op de Kirfecht gângen an hun e Kranz niddergeluegt an E'eresalven ofgeschoss, fir de' ze e'eren, de' durch Tyrannei gezwongen an den Do'd gejot go'wen. Den Déserteur E. T. huet hinnen desen Noruff gehalen.

Trauernd Familjen!
Trauernd Mattbiérger!

Eis le'w Hémecht ass eröm frei! A Plâz vun dene verhâsste Gesichter lâchen a wenken eis d'Befreier. Iwer d'gro'sst Mîr si si komm, fir dem Preis seng Grenzen ze weisen.

An eiser Fréd klengt en Trauerto'n matt. Öm eis Nationalfarwen flitt den Trauerkrepp. De' lescht ve'er Jor hun eis de'f Wonne geschloen. Vill Familjen hun hirt Gleck, hire ganze Stolz verluer. An eisem Duerf sin et och zwo' Familjen. We' batter wor et fir eis Jongen an de' verhâsst preisesch Uniform gezwongen ze gin! Am Dreck an am Schne' am onendleche Russland ass hirt brawt, letzeburger Hêrz gebrach.

Fir Hirer ze gedenken, fir Hirt Undenken ze e'eren si mir zesumme komm. Si hannerlôssen eis en hellegt Vermiéchtnes a ruffen eis zo: „Trei we' mir erföllt de' gro'ss Missio'n, fir de' mir gestuerwe sin; baut d'Letzeburger Hémecht eröm op a Fridd an Enegkét. Eis ower, de' d'Liéwen fir d'Freihét vum Letzeburger Land gin hun, versot eis nöt e klengt Gebiéd, dat énzegt wat eis nach höllefe kann!"

Le'w Komeroden, Jängi a Jempi, mir vergiéssen Iech ni. Am Numm vun eis allen, am Numm vun der Ligue „Ons Jongen", am Numm vun der Unio'n versecheren ech Iéch: „D'Hémecht vergösst Iech nöt! Dir schlôft a friémem, kâle Buedem. De Freihétswand, dém elo eröm iwer d'Hémecht ze't brengt Iech d'Gre'ss vu Letzeburg, Schlôft ro'heg an Erem stölle Graw an der Friémt. Am Himmel, wo' Fridden ass, gesi mer eis eröm.

De Restaurant
AN DER STUFF
ass eröm op!
Closed on Monday - - Mendes zo'!

Union antifacsiste Italienne
Sectio'n Letzeburg

Avis
Went der actueller Situatio'n, sin all Member vun der antifaschistescher Unio'n vu Letzeburg gebieden, sech prett ze halen fir den Allie'erten ze hellefen.
De Comité.

E Samstég, 23. Dez. 1944
ass
an der Parkirch vun De'fferdeng
em 10 Auer eng feierlech Mass
fir ons Komeroden dé gefall sin, an engems ass dé Mass fir dé de nach an der Friemd sin.
Unio'n De'fferdeng.

Denkt un
d'LETZEBURGER
an der Friémt!

OFFIZIELL MATTDELONGEN

Mattdélong.

D'Suskriptio'n vun de Konschtbliéder vun der e'schter Timbrenémissio'n no der Befreiong hât e gro'ssen Erfolleg. D'Zuel vun de bestallte Bliéder beléft sech op 62000. De Supplement ass fir de' Evakue'ert. An zeng Deg sin de' Bliéder ferdeg, well d'Arbecht dovu ganz schwiereg ass. D'Verdélong fir d'Souscripteuren vun **der Stad Letzeburg** fänkt en Dönschdeg, den 19. Dezember, un. Jidferén soll seng Bliéder am Postbüro ofhuelen, wo' en se bestallt huet, a ge'nt Quittong ofgin. Aus technesche Grönn kann d'Verdélong duerch d'Bre'fdre'er nöt duerchgefe'ert gin.

D'Verdélong vun de Souskriptio'nen aus dem Land göt gemâch, eso'we' d'Bliéder aus der Press kommen.

*

Letzeburger Liga ge'nt d'Tuberkulos.

D'Faiencerie vu Villeroy a Boch zo' Septfontaines stellt an den e'schten Deg am ganze Land verschidde patriotesch Konschtge'gestänn vun hirer Fabrikatio'n zum Verkaf aus. Si profite'ert vun der Geléenhét, fir d'Beme'ongen vun der letzeburger Liga ge'nt d'Tuberkulos z'erlichteren, andém datt si hir en Del vum Erle's offre'ert. Et göt Wèrt drop geluegt, datt de Verkafspreis et jidfer Portmonni erlabt, mattzemâchen.

De' Konschtsâchen de', we' gesot, so' bal we' me'glech an den Handel bruecht gin, stellen dur: 1) Eng Bonbonnière matt dem Profil vun onser Gro'ssherzogin, 2) e Konschtteller matt dem selwechte Bild an der Opschröft: Mir wölle bleiwe wat mer sin!, 3) an en aneren Teller matt der Devis: Trei zum Land, trei zur Kro'n!

E puer klenger Breloken, de' d'Ró's vum Prönz Jean, d'Initialen „Ch" an aner Motiver durstellen, gi spe'der, datt hêscht, eso' bal se ferdeg virleien, dem Public zum Zweck, den arme Kranken beizestoen, ugebueden. De Conseil vun der Liga wéss, datt de Letzeburger bei eso' Geléenhéten nöt knausert a gären hölleft, wo' et No't dét. Op et hei No't dét? Mir mengen eso'! De Krich huet seint, an nöt ze knapp, dozo' beigedroen, de' sozial Krankhéten allegur, a besonnesch ower d'Tuberkulos, ze verbréden an de Widderstand ge'nt hirt Göft erofzesetzen. De beschten Dank fir de' nobel Höllef ass alle gesechert, de' sech um gudde Wierk bedélegen.

Kann et eppes Sche'nres gin,
We' dem Kranke beizestoen?
We' dem Arme Gudds ze din,
Wann hién drécken dausend Ploen?

Göff och vun dem we'nge gär,
Se'lero' dir ze beréden,
Dat stierkt d'Hierz bis an de Kär,
Dat wierkt de'f op d'Hierzensfréden.

Haut, wo' Tromp ass be'se Gêscht
Ass et duebel sche'n ze truechten
Gudds ze din, sengt Bescht, sengt Mêscht,
An de Mönsch als Mönsch ze uechten.

Dr. E. F.

*

Umellong vu Gold, Devisen a Vermégen am Ausland.

Duerch den arrêté vum 14. Dez. 1944 go'f den Termin fir d'Umellong vu Gold, Devisen a Vermégen am Ausland (arrêté vum 3. Nov. 1944 art. 1) bis zum 31. Januar 1945 verlängert. Formuläre fir d'Umellong sin ze krée vum 2. Januar 1945 un bei der Spuerkés an de Banken.

Mattgedélt vum Finanzministerium.

*

Post. — Wién e Postspuerbuch huet soll bis zum 20. Dezember a seng Post goen an do seng Adress, Nationalite't, de Wert vu sengem Kont ugin, an de Büro wo' sei Livret ausgestallt go'f.

Mattgedélt vun der Postdirektio'n.

AUS DER «UNIO'N»

Te'teng. — E Sonndeg den Owend, 10. Dezember, hat den Här Nilles J. P. vun hei am Café Engels Nic. de' sonnerbar Chance beim Whistspill zu ve'er en Soloschlemm an der Schöppentromp ze hun.

Kéjeng. — En Dönschdeg, den 12. Dezember wor zu Kéjeng eng gro'ss Opklärongsversammlong zu dèr d'Awunner vu Kéjeng a gro'sser Zuel erschenge woren. Als e'schte Riédner huet den Distriktschef Kremer Nic. iwer den Opbau vun der Unio'n geschwat. An sengen Ausfe'erongen huet hié bemierkt, datt all Resistenzgruppen hire Scho'ss an der schaffender Klass haten. De Riédner bemierkt da weider, datt all Letzeburger e we'neg me' Zivilcourage opbrenge sollen an an der Unio'n sollen höllefen an den Epuratio'nsarbechten. Mir sin et all onsen Helden schölleg. Durno huet de Bezirkschef Fonk Paul en interessante Bericht iwert d'Tätegkét am Krich gin. Zum Schluss huet den Här Lutgen aus dem Zentral-Comité Allgemenges geschwat. De Sectio'nschef dankt dénen 2 Riédner a matt dem Ofsangen vun der Hémecht huet d'Versammlong hiren Ofschloss font.

Zolver. — E Möttwoch, de 6. Dezember um 7 Auer wor zu Zolver eng Versammlong ageruff fir all Unio'nsaktivisten an Comitésmemberen vun de Sectio'nen Biéles, Zolver, Suessem, E'lereng enner dem Virsötz vum Distriktschef, Bezirkschef an Sectio'nschef. He'chst interessant Froen go'fe vun der Versammlong gestallt a vun dem Distriktschef Kremer Nic. zo' aller Zefriddenhét beäntwert.

Eng Zeit we' haut, wo' d'Unio'n am Gesichtskrés vun allen Evenementer stét, verlangt stark a fest Unio'nsmemberen. Dofir go'f beschloss me' oft ähnlech Versammlongen anzeruffen.

Matt enger Gedenkpaus un ons Nationalhelden a matt dem Ofsangen vun der Hémecht go'f d'Versammlong vum Sectio'nschef ofgeschloss.

Re'den. — Niklosfeier. — Mir erönneren ons nach all dèr sche'ner Traditio'n, wo' den hl. Nikléschen sein Dag an der ganzer Urtschaft op eng apart Mane'er gefeier ass gin. Alles wor derbei, Gro'ss a Kleng, all Vereiner an Autorite'ten.

Matt dem Afall vun de Preisen huet dat missen ophe'eren, well de' hate ké gro'sst Verständnes fir eso' eng Sâch.

Haut no ve'er Jor, wo' mer aner Leit hei hun, go'f den ale Gebrauch eröm agefe'ert.

D'Member vun der Unio'n Re'den hun d'Sâch an d'Fanger geholl an den Nikléschen eröm zo' E'ere komme losst. Si hun sech matt onse Frönn den Amerikaner, zesumme gedon an dat Fest eröm op d'He'cht bruecht, nach sche'ner we' vir dem Krich.

Natirlech huet de Kléschen bei desen Zeiten och seng Schwiregkéten wat d'Befriddegong vu senge le'we Kanner ugét, awer och do sin ons Frönn agesprong a jidfer énzelnen huet dem Nikléschen vu senge gudde Sâchen iwergin.

Net genuch domatt, si hun dem Nikléschen en Auto matt Unhänger gestallt matt der ne'deger Besetzong.

Ponkt drei Auer ass de Cortège op der Gare fortgângen. Kanner matt dem letzeburger Fändel un der Spötzt, den Auto mam Nikléschen a mam Ho'secker an de gudde Sâchen ko'men hannendrun. Durno war d'Verdélong an d'Beschenkong am Festsall (Aula). All de' sche' Lidder vum Kléschen sin do eröm op d'Tape't kom. Ons Frönn hun sech net huele lôsst an de Spâss an de' Fréd mattgemâch.

Mir gin net ze weit wa mer soen, desen Niklosdag ass fir Re'den é lokalgeschichtleecht Erégnes.

A spe'deren Zeiten, wann de' Kanner vun haut Leit sin, wärden si nach ziélen vun desem Dag, wo' se zesumme matt den Amerikaner hir Fréde gedélt hun.

Reckeng. — E Möttwoch, de 6. Dezember um 4 Auer wor zo' Reckeng am Vereinsgebei eng Réunio'n vu sämtlechen active Memberen aus de Sectio'nen Reckeng, Leideleng, E'leng, Lampech, Pisseng, Re'dchen Wickreng. D'Versammlong wor gudd besicht an all interessant Ugeléénhéten vun der Unio'nsarbecht konnten an der Versammlong vum Distriktschef Kremer Nic. erklärt an auserné geluecht gin.

Matt dem Wonsch eng ähnlech Ausprôch we'negstens all Mo'nt zwémol anzeruffen, dankt de Sectio'nschef dem Distriktschef fir de' wichteg Opklärongen.

Rodange. — De' Rodanger wösse wat si hire le'wen Hémechtshelden schölleg sin. We' des lescht den Théo Bodé, dién an der Belsch fir d'Hémecht gefall ass, a sein Duerf bruecht go'f, dun ass eis ganz Gemeng opgestanen fir matt ze traueren. Rodange hat dat nach nit gesin. Do wor an der Märei kén Haus, dat nit derbei war. An Uniform a matt Kränz a Gerben woren d'Delegatio'nen vun der Armée Blanche an aus dem Maquis komm, fir de Komerod op sengem leschte Wé ze begléden. An der Unio'n wor d'Leich opgeboert, d'Milizmänner haten d'E'erewuecht. D'Kirch hat den deckşten Trauer ugeluecht, an dem Théo seng Komeroden sto'ngen bei der Boer we' Statuen. De' helleg Ro' go'f an der halwer Mass duerch d'Glairoen zerrass, de' ge'nt Himmel geklot hun, de' dat gro'sst Léd, wat d'Tyrannen iwert eis bruecht hun, ge'nt Himmel gekrasch hun. Um Kirfecht huet d'Musek an de Gesangverein Trauerlidder gespillt a gesongen. Dem Théo sei Komerod huet hie beschriwen als gudde Jong, als fleissege Stodent an als brave Rodanger. Am Numm vun der Unio'n huet de Scho'lméschter Gremling him des Trauerriéd gehalen:

Letzeburger Pappen a Mammen!

Patrioten!

De Gest vun haut fällt mer schwe'er. E wöllt erföllt sin. D'Unio'n, d'Verénegong vun de Patrioten wönscht et, d'Komerodschaft verlangt et, d'Hémecht fuerdert a gebidd et. Hémecht, meng Letzeburger Hémecht, höllef mer, de' Missio'n vun haut zu Enn ze brengen, et héscht, dem Letzeburger Jong Théophil Bodé e leschten „Au Revoir" ze soen. Durfir dreiwt et mech ze schwätzen, an der Minutt, wo' d'Hierzer matt sech eleng wölle sin, an der Minutt, wo' d'helleg Ro' um Kirfecht ass, well eng Familje stét op hirem Graw, eng Mamm schwätzt matt hirem Kand, matt hirem Jong.

Hémecht, Mamm, — zwé Wirder, zwé Gedanken, madené verwuess, madené bestued fir Zeit an E'wegkét.

Hémecht.

An dem Dag wo's du no Hergotts Wöll an denger Familjen ukomm bass, wo' deng Mamm der d'Liéwe geschenkt, schenkt se der eng Hémecht, eng Plâz, wo' der d'Hierzer schloen, e Fleckche Buedem, déns de Dein kanns nennen. A matt der Mammesproch an un der Mammebroscht drenks du de' Hémecht an dech an, dass du verle'ft a si ges, dass du dech hir verschreiws matt Leiw a Se'l.

Théophil, all deng Kräfte wolls du hir gin, wolls hir déngen dei ganzt Liéwe lâng, wolls hir déngen un dém le'fsten wat si huet, un hire Kanner.

Du wolls Scho'lméschter gin.

De Frang vum Monn gespuert, geschafft wat d'Aerem können, dem ho'frege Rack entsot, huet deng Familjen aus dir dat gemat, wats de an der Kannerzeit der virgeholl, wat Dein Dram, Dei Gleck war.

Net lâng. Kaum aus der Scho'l eraus, du huet den neien Herodes Dech an e friemd Arbechskléd gestach, an Dech, de freie Mann aus freiem Land gezwongen, Krich bei him ze spillen, Kniecht ze spillen an enger verkrâchter Sâch.

A we's Du eröm komm bass, an häss misse ge'nt Dei Wöllen, ge'nt Deng Idee, ge'nt Deng Hémecht, ge'nt Deng Elteren, matt de Friemen an de Krich goen, Du hues do matt Der gestridden, we' démols den Israel matt dem Ongenannten gestridden huet. Bei Dech an Dei Bett ass allnuets Deng Hémecht gekroch an huet zu Dir gesot: „Théo, wanns Du Dech elo drecks a net gés, da gét et Dengem Papp an Denger Mamm, Denger ganzer Familjen fir hirt Hém. Deng Hémecht hu si Dir geschenkt an elo solls Du zum De'f un hirer Hémecht gin.

Théophil, a wanns De gés, göss Du dann net ontrei Denger Hémecht, dem Land, déms De Trei geschwuer. Zum Verre'der un Denger Hémecht wöllen si Dech man."

Dat huet so' Stonnen an Dég gedauert, bis émol mures Dei Papp virun Dir stong: „Mei Jong, kuck net no eis, ge' Du Dei Wé; do uewen zu Offagne, am Belschen E'sleck, hun ech bei gudde Frönn eng Stopp fir Dech font. Dur gés Du elo, dur könnt é vun der Armée Blanche Dech sichen, dann dings Du Dengem Land, we' e Bodé et mecht. „Ech komme matt der ganzer Familjen no, datselwecht ze man."

Papp a Jong an dém Moment, zwe'n harder Männer, si madenén op d'Grenz vun der Hémecht gang. Wann an der Bibel den Abraham matt sengem Jong e schwe'ere Wé âss gangen, de Bodé's Misch matt sengem gung e Wé, wuel eso' hârt.

Op der Grenz huet de Bodé fils sech aus de Pappenärem lassgerass, huet all Diren vu sengem Hierz zo'gemach a fest zo'gespârt.

„Et il alla chercher abri chez notre brave nation voisine, la nation Belge, qui, par ses misères et ses souffrances est devenue notre nation soeur.

Grande dans la douleur et la détresse, sublîme dans la libération, magnanime dans la lutte finale.

Nous ne l'oublierons pas. Nous ne l'oublierons jamais que malgré une Gestapo sans pitié et sans merci, vous avez trouvé moyen à donner une nouvelle patrie a nos fils. Nous n'oublierons jamais, amis de l'Armée Blanche et vous autres patriotes du Maquis, que vous avez su faire de notre cause la vôtre, que vous avez su nous aider dans la terrible lutte contre une nation impie et barbare, contre l'homme méchant et trompeur.

Théo Bodé, Familje Bodé, Dir hut a schwe'rer Zeit Trei bekannt, 't gong fir d'Freihét, 't gong fir d'Land. Théophil, Scho'lméschter wolls De gin, Du bass et gin. Net lang war et Dir vergonnt, virun de Letzeburger Kanner ze ston. Du wars beruff, an all E'wegkét Scho'lméschter fir dei Land ze gin. We' zu Offagne dat Schrecklecht geschitt ass, an d'Preisekugel Dech niddergerass, du wo'ssten d'Leit an hirer Angscht net, wo'hin matt der Leich. Du hun se Dech an e Gemengenhaus gedron, du hun se Dech op de Scho'lbänken zu Offagne opgebort. Du bass de am Do'd Scho'lméschter gin, Scho'lméschter fir dei Vollek, fir Deng Natio'n. Dei Mond, dé ni me' schwätzt, hält eng Priédegt, de' dén, dén dat Bild geseit, ni vergösst.

Le'wer do'd we' Sklaw, le'wer do'd we' zum Verre'der vun denger Hémecht ze gin. Dat ass d'Priédegt, de' den do'dege Mond op de Scho'lbänken zu Offagne hält, de' Priédegt, de' we' e Feier an den Hierzer brennt. Jo, du hues a schwe'rer Zeit Trei bekannt, et go'ng fir d'Freihét, et go'ng fir d'Land.

Du hues denger Hémecht gedengt. Du bass hir trei bliwen bis op de' lescht Minutt. Du hues gehal, wats du dengem Land versprach schon um Scho'ss vun denger Mamm. Et ass dat Hellegt an dat Sche'nt, datt matt all Kand d'Mammele'ft nei gebure get, datt d'Mammele'ft we' en hellege Schutzengel bei alle We'en a Better stét. Et ass dat Tragescht, datt de' Mammele'ft ni stierwe kann, datt, ewe' d'Se'l, si e'weg liéwe muss. Et ass dat Tragescht, datt de' Flâm e rosend Feier get, dat hirem Kand licht op dem donkele Wé an d'E'wegkét. Um Sté vum Grâw mecht si vu göllene Krellen sech e Ro'sekranz, un dém si sech all Dag dorobber zitt, durch d'Wolleken an d'Stèren bis un d'Himmelsdir . . . fir ze lauschteren, op hirem Kand neischt félt, fir ze he'eren, op hirt Kand hém komm ass. D'Mammele'ft he'ert hirt Kand otmen, durch Fiéls a Stén. D'Mamm vu Letzeburg an d'Rodanger Mamm, si stét a fällt matt hirem Jong am russesche Schne', am Brand vun Afrika, an der italie'nescher Sonn. Si wéss, datt si eng Mamm am Himmel huet, de' net ro'eg ass, bis hire letzeburger Jong an der e'weger Hémecht ass. Si wéss, datt eise Jong gefall, fir eiser Mamm um Tro'n zu Letzeburg hirt Letzeburg eremzegin.

Mamm aus Letzeburg, bei dem e'schte Kreiz sto'ng d'Erle'song dobei, beim Letzeburger Kreiz stét d'Freihét op. Dei Jong ass net do'd.

Wann nuets de Wand durch de Fändel gét, wann d'Hémechslidder durch d'Strôsse klenken, da schwätzt dei Jong. . . Dat soll der e klengen Tro'scht a schwe're Stonne sin. Théo, du géss elo bei all de' Rodanger, de' Letzeburger Komeroden, de' fir d'Hémecht gefall. So hinnen e Bonjour an e Vergiéssmechnet huel hinne matt.

Schlof ro'eg an dengem Hémechsbuedem.

D'Himmelsmamm soll der lichten op dengem Wé bei hire Jong.

D'Unio'n ka weder anonym Zo'schrëften nach anonym Fongen unhuelen. — De' 20 Frang de' mer de 15. 12. owes bei der Nofro nom Autor vum Artikel „Die im Ausland waren" kruten, hu mer an den Afferstack gin. — Do sin se besser place'ert. — Am iwrege frét et ons ower datt den Artikel eso' gefall huet.

Den Här Justizminister scheckt ons des Bre'f:

Monsieur le

Président de „l'union" de Walferdange

à Walferdange.

Suite à votre lettre ouverte de Walferdange dans le No. 11 du Journal „d'Union" concernant le relâchement du porteur du No. 135 de la VdB, j'ai l'honneur de vous informer que cet homme a été relâché conformément à une lettre du 6 novembre 1944 provenant de „l'Union vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen" et signé par un membre du Service des Informations du Comité Central.

Le renseignement sur le No. de la carte de la VdB ne m'étant parvenu que très récemment par une autre source d'informations indépendante de l'Union, j'ai chargé le 24 novembre un membre de la Sûreté auxiliaire de Luxembourg, Délégué du Comité Central de l'Union, de me soumettre un rapport en vue du réinternement de l'intéressé. Ce rapport m'est parvenu aujourd'hui et le réinternement fut ordonné. Je tiens en outre à vous informer que les documents ci-dessus mentionnés peuvent être inspectés par vous à chaque moment au Ministère de la Justice, 2, rue Heine.

Je regrette devoir vous dire qu'il ne peut pas être dans l'intérêt bien compris de notre patrie de publier dans un journal les différents chefs de l'accusation contre un prévenu au lieu de les joindre au dossier pour être soumis au Ministère de la Justice en vue des mesures légales à prendre par lui.

Je vous prie de bien vouloir prendre en considération à l'avenir que pour des mêmes motifs et pour ceux développés par Monsieur le Procureur Als dans son discours diffusé à la radio, il n'est en général pas opportun de discuter dans les journaux des cas spéciaux surtout au lieu ou avant de les soumettre à Monsieur le Ministre de la Justice.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Justice,
(signé) Victor BODSON.

*

A l'UNION, **MONDORF.**

J'ai lu avec beaucoup d'intérêt votre deuxième article signé „UNION MONDORF".

Si votre chef de l'Union a des documents qu'il garde par devant lui pendant 1 mois au lieu de les envoyer à qui le droit, vous êtes certainement mal venu de vous accuser publiquement de cette négligence. Il n'y a qu'une chose à faire maintenant, faire parvenir incessamment ces documents à mes services qui ne manqueront pas de réexaminer le cas en question.

Pour le surplus je n'insiste pas sur d'autres démarches faites par un membre de votre comité auprès de moi pour des collaborateurs.

Veuillez agréer, Monsieur, l'assurance de mes sentiments très distinguées.

Le Ministre de la Justice,
(signé) Victor BODSON.

Mir kommen op de' Aentferten zreck an enger nèxter Nummer.

Unio'n Munref a Walfer.

AUS DER REDAKTIO'N

Git ne quêsch! Mir könne jo de' Onmass a gewëss guddgemengt Zo'schröften an Artikelen nöt all beiené brengen.

Am iwrege mussen se jo och gesifft a stilise'ert gin an da ge'we mer jo och gèr gudd letzeburgesch schreiwen a liése le'eren.

Dofir soll alt jidferé selwer sech drugin an ons gudd, âl, letzeburger Wirder a Riedensarten nolauschteren, opsichen, note'eren an ons mattdélen.

Am iwregen erönnere mer nach eng Ke'er un all Ofrechnongen, de' mer nach nöt hun.

Vergiésst och nöt ons all Nimm a Mattdélongen anzeschecken vun alle Jongen, de' an èrer Sectio'n fir d'Hémecht gesturwe sin, fir en neit letzeburger Goldbuch all Önnerlagen erbeizeschafen.

Mir hoffen, datt ons Cröschtnummer Iech gefällt. Enzel Sâchen aus dem concours si schon dragesat gin, fir aner wor des Ke'er keng Plâz me'.

D'Resultat vum Preisschreiwen gött an der Nr. 1 1945 publize'ert. Et wor de Mötteg Schluss.

Et gin ausgeluegt 2 e'scht Preïsser vu je 500 Frang fir de' bescht Novell an dat bescht Gedicht, durniéft nach 3 Tro'schtpreisser vu je 250, 150 an 100 Frang.

*

Mer kommen en aner Jor 2—3 mol aplaz nëmmen émol d'Woch, wa Gott wöllt, a brenge Samschdes eng letzeburger Konscht- a Literaturbeiluecht, och fir den nöt stode'erte Letzeburger.

Den Abonnementspreis klömmt dofir nömmen vu 5 op **10.**— Frang pro Mo'nt oder **30.**— Frang pro Quartal.

Ons Abonnenten hun dofir all 2 Dég eng letzeburger gazette, de' se um courant hält vun allem wat an der Welt, am Land an an der Unio'n virgét.

Si brengt dann och stänneg Rubrik: „Ronderem an iwerall" de' hinnen e kurze résumé göt iwer d'Neiegkéten an der Welt.

Mir behandele stänneg vum nationale Standponkt aus

- all Arbechter- a Sozialfroen,
- all Wirtschaftsfroen, Finanzfroen,
- all Froen de' ons Baueren a Wenzer betreffen,
- all Froen iwer Transport a Verke'er,
- all Fro vun de Krichsschiéd, vum Neian Opbau,
- all politesch a sozial Froen iwerhapt, de' beim Neiopbau vun der Hémecht sech stellen.

Gudd gemengt Virschle', Uregongen aew. sin ömmer wellkom. Gesond a gerecht Kritik duerf dobei nöt félen. Iwer Gestreids a Beschass rege mer ons nöt op. Mir höllefen ower wo' mer können, — wié wöllt do nöt matman?

Fir jidfer guddgesönnte Letzeburger ass Plaz an der Unio'n!

*

Redaktio'n an Expeditio'n si vum Januar un an der Dréckerei Bourg-Bourger op der Gar an der neier Awenü.

Eso'lâng we' d'Postabonnementer na nöt fonktionne'eren, sollen d'Sektio'nen hir Päck do ofhuelen

Mir mâchen onst Bescht fir datt jidferén seng Zeidong eso' schnell we' me'glech krit.

De' evacue'ert Memberen sollen sech op hirem Unio'nsbüro mellen, dén hinnen all Détaile göt.

Reklamatio'nen, Löschten an Abonnementer nemmen un d'Expeditio'n schekken.

D'Redaktio'n.

—:-:—

Zo'schröfte vun onse Liéser.

De Belair beschwe'ert sech:

Haut de mueren sin ech meng Liéwesmöttelkârte siche gângen. Ech wor schon um 7.30 Auer am Klo'schter vum Belair, fir als e'schten bedengt ze gin, well ech wosst, datt et öm 8 Auer sollt opgoen an ech öm 8.30 Auer um Büro misst sin.

Lues a lues sin du och nach aner Leidd komm, an et ass och 8 Auer gin. Et war nach ömmer kén vum Office du Ravitaillement do. Um 10 op 8 ass du eng Joffer komm an e we'neg drop en Här. Mir duechten, et geng elo gleich ugoen. Awer nén. — Vun haut un sollt et ere'scht öm 8.30 Auer ugoen, wat mir nöt wo'ssten. Et ass 8.30 gin, an nach ömmer go'f ké Gescheck gemâch. Mir sin alt e we'neg ongedölleg gin. Du op émol — 8.45 — sét dé jongen Här aus dem Büro: „Mir könne nöt ufänken, et félen nach 2 Leidd a mir hun och de Schlössel vun der Karteiköscht nöt hei. Ech muss elo op den Haptbüro goen de Schlössel sichen a kucken, datt nach 2 Mann mattkommen fir ze höllefen."

We' du en Här eng kleng Bemierkong gemâch huet, du go'f mei gudde Frönd och nach rosen a sot, mir sollen dach nömmen de Mond halen, we' mir et bei de Preise jo och gemâch hätten. War dat nöt eng Frechhét vis-à-vis vun dénen anere Leidd? Kurz a gudd, hién huet sech opgehuewen an ass fortgângen. Öm wivill Auer hién eröm komm ass, wéss ech nöt, well ech konnt nöt me' warden. De Mötteg öm 2 Auer — nöt me' öm 1.30 we' et ömmer wor —, muss ech eröm eng Ke'er an d'Rei stoe goen an ech wèrd dann eso' ge'nt 3 Auer, wann et gudd gét, meng Sâchen hun.

Wir et do nöt me'glech fir Remedur ze schafen? Ech mengen matt e bössche Wöll a Verständnes vun uewen erof wär dém Iwel opzehöllefen. Et ass jo bei de Preise gângen, fir wat gét et elo nöt me'? Wann et u Leidd félt, da soll den Office du Ravitaillement fir de' bestömmt Deg Leidd astellen; et lafen der nach vill o'ni Arbecht op der Strôss de' glecklech wären, och emol e pur Su ze verdengen. An da könnt och de Schlössel vun der Karteiköscht am Klo'schter hänken, fir datt och an dèr Hisicht keng Stockong ke'm; ech si secher, et ge'f am Klo'schter neischt aus der Kartei gestuel gin.

*

E Grupp vu klenge Staatsbeamte schreiwt ons:

D'Beamten, speziell de' Kleng, wore bestömmt erfrét, we' si duerch de' zo'stänneg Delegatio'n, de' deser Deg én beim Här Staatminister Dupong virgesprach huet, erfur hun, datt eise Staatschef am Prinzip d'accord ass, de' kleng Beamtegehälter an nächster Zo'konft ze he'gen. Wat d'Fro vun de Stagen an de Verwaltongen ubelângt, schengt ons Regirong och an deser Hisicht nöt ofgeneigt ze sin, eng gerecht Le'song ze treffen an eng gerechtfertegt Upassong vun déne geschiédegte Gruppen virzehuelen Alles sche'n a gudd. Mé wat mir ons froen, ass dat hei. We' lâng nach musse mir eis gedöllen, fir zu onsem Recht ze kommen? We' lâng nach musse mir ons zefridde gin matt engem Hongerlo'n ons duerch d'Liéwen ze schloen? Wor d'Regirong sech dann nöt ens, an aner Froen se'er eng prompt Regelong ze treffen? Ass d'Gesetz vun de Preïsser iwer d'Loyéen nöt schon a Krâft? Bezuele mer nöt allegur schon, vum Oktober 44 un d'Gromperen 200 Frang de Maler? (Sj woren am Verhältnes nach ni eso' deier). Sin d'Preïsser nöt de'selwecht bliwen we' önnert de Preisen, an eso'gur a muenech Fäll nöt nach zimlech gehe'gt gin? D'Regirong wor sech se'er·éns driwer, d'Gehälter ofzebauen; de' he'g preisesch Steieren ower, ge'nt de' mer hémlech ömmer gekno'tert hun, si beibehale gin. All des Mesuren si bestömmt nöt am Avantage an am Intressi vum klenge Beamten. Wat mir fir elo verlângen, an zwar direkt, dat si Bestömmongen an onsem égenen Intressi. Lâng genuch hu mir Gedold gehat an Ausdauer opbruecht! Un Iech, dir Häre vun der Regirong, ass et elo, de gudde Wöll ze beweise fir é fir allemol déne klenge Beamten hirt Recht an hinnen Satisfactio'n ze verschafen! **Nöt geward bis 5 Minute vir 12! Nöt geward bis ausgerechent 14 Deg virun de Wahlen!** De' Tricken ze'e jiddefalls bei ons nöt me'. Mir verlângen dese Moment eng direkt Regelong, an zwar eng gesond a gerechtfertegt Regelong! Wo' gudde Wöll ass, muss och d'Me'glechkét bestoen, e Projet an d'Tatsâch ömzesetzen! (Mir verweisen op de' aner uewegenannt Mesuren). Gin ons Fuerderongen nöt unerkannt a mir weider matt Gedold an Ausdauer ofgesét, könnte mer schle'sslech dach d'Gedold verle'eren a kén ustännege Mönsch könnt ons dat fir iwel huelen.

*

Un d'Redaktio'n.

E gewössen Albert **Weisgerber,** vum Haff Ronkart zu Canach, Partei-Anwärter, inhafte'ert, ass matt sengem égenen Luäus-Auto a Beglédong vun engem Gendarm eröm zreck op sein Haff kom, huet ongefe'er 10 Liter Branntwein an den Auto gelueden an du seng Frönn a Bekannten am Duerf besicht. Während dèr Zeit huet den Gendarm um Haff gudd opgedöscht kritt. De Weisgerber huet sengen Frönn déklare'ert, matt dem Branntwein krég hién am Lager all me'glech aner Sâchen ze tauschen. Duerno ass hié mam Gendârm eröm quitschvergnügt an d'Lager zreck gefuer.

Aussôen Kass, Affekot.
Önnerschröft J. Lutgen A. C.

*

No De'fferdang. — De Beidrag iwert den Opbau vum letzeburger Handwirk ass ganz interessant. Mir hun en dem Z. C. iwerwisen resp. der Commissio'n de' sech dermatt befâsst.

An alle Buchhandlongen an Zeitongskiosken ze kréen

LETZEBURG,
den 10. September 1944
(Faithful Luxembourg to her Liberators)

mat ville Fotoen, dé ons un dé schénen Dag erönneren, wô d'Liberatio'ns-Armé vun den Amerikaner an d'Stadt eragereckt ass. - Fotoen vum Tony Krier - Text vum P. Hentges

Geliwert un d'Geschäfter durch:
Messagerie Paul KRAUS
LETZEBURG, 29 Josef Junck Strôss

Ali KUNTSCH
Tubaks-Grossist
fir ganz Muselgegend

No der Evakuatio'n went iech direkt vertrauensvoll u mech zu Gre'vemâcher.

POMA
dât ass puren Äppelsâft
klor filtre'ert

Dest Jor kont es net vill hirgestallt gin, dofir versuergt e fir d'Kanner a krank Leit

R. Munhowen & Cie Letzeburg

D'Schreinerei
Reisdorffer
KAYL, Te'tengerstrôss
mecht all Schreinerarbechten, propper a gudd.

E Schmattsgesell gesicht beim Pir NEY, Schmatt a Schlesser, Gilsdorf (Dikerech).

FORTUNA
eng reng letzeburgesch Spuergenossenschaft délt hierer Kondschaft matt, datt se hir Guichéen ann hirem Gesellschaftssötz, Pétrussreng 130 op der Gâr eröm opgemach huet. All Spueroperatio'nen, Abezuelongen, Ausbezuelongen gin no de gesetzleche Bestömmongen virgeholl. Renseignementer gratis. So'bal d'Verhältnisser et erlâben, huelen mer Kontakt matt alle Bezuelbüroen a Kèssiéen.

De Verwaltungsröt.

Gro'ssdeitschland - Letzeburg

Eng Stömm aus dem KZ.

En Donneschdeg, den 23. November 1944, wor e Jubiläumsdag fir mech. Ech so'tz do just 3 Jor a verschidde Prisongen A well ech de' drei Jor eso' gudd gepackt hât, huet de Lagerführer mir gesot, ech sollt mir eppes wönschen, hie ge'f mir mei Wonsch erföllen, wann e könt. Ech sot, mei gre'sste Wonsch wir, emol eröm eng Ke'er meng Hémecht können ze gesin, hie soll mir erlaben, emol Samschdes vun 8—11 Auer owes um Fernsehkucker a Radio ze lauschtren. Mei Wonsch huet hie mir erföllt, a Samschdes so'tz ech eleng an der Kabin.

Ponkt 8 Auer hun ech den Apparat op de Westen vun Europa ageschalt. Ech wor zu O. Et huet an allen Ecken gekrâcht a geblötzt, datt et mir onhémlech go'f. Kanner, dat Bild misst dir gesin. Zerschossen Heiser, gro'ss Ke'p Steng, Bommentrichteren, Do'deger op der Strôss, armgekléd Leidd, iwerall Misär, wur ech gekuckt hun. Ech hun den Apparat lues no Süden gedre't, hei wor ech jo op emol un der Grenz vu menger Hémecht. Ech si lues an en Durf eragâng. Ké Mönsch bei nach no. D'Heiser am Durf abime'ert. Op de Stecker freckte Ve'! Wat ass nömme lass a menger Hémecht? Ech fure se'er op der Strôss no C. virun. Hei stét jo e Letzeburger matt enger Flönt an engem Bändchen um Arm: Miliz. Ass Revolutio'n am Land? D'ganzt Durf ass och hei eidel. Beim nächsten Durf gesin ech Leidd. Si gin dorömmer a lôssen d'Käpp hänken. Wat ass lass? Keng richteg Fréd a ké richtegt Lâchen. Traureg ass alles unzekucken.

Ewe' de Blötz sin ech an der Stad. Et ass 20 op âcht. Ech stin op der Plessdarm a gin direkt an é vun de gro'sse Cafféen. O jemine, do sötzen jo elauter gudd Bekannter. Si drenken Be'er, Wein, Schnaps, Schampagner, flutschen Zigaren an Zigaretten. Médercher a Fraen sötzen eleng matt Zaldoten hei a fe'eren sech op, ewe' én dat fre'er op der Gar gesin huet. Ech lauschtere verschidde Gespre'cher no, neischt vum Krich, neischt vun eis ârmen, domme Letzeburger. T'get nömmen vu Kino, Danzen, Friéssen a Saufen a Privatheiser, vu Sprötzfahrte matt de Jongen geschwat. Am Cercle ass Jazz. Ech dohin. Dat ass jo me' schlömm we' op de Baler vun der Assoss oder der GEI vrum Krich. A wat sin de' Baler fre'er beschass gin. — Hei kuck emol do! Dat hätt ech awer net geduecht. Lauter besser Poppen an Dammen o'ni hir Hären. Wat, d'Maisy och do? A sei Brudder sötzt hei bei mir am KZ. An d'Madam A. och nawell? Hire Schwoer ass ere'scht virgöschter hei begruewe gin. An do d'Melanie? Sei Brudder ass gefall, sein aner Brudder sötzt och am KZ., seng Tata a sei Monni sin ömgesidelt. Ass da ganz Letzeburg geckeg gin?

Ech tröppelen op hém lass, o'ni grad ze wössen we' a wur, a schellen onversins an Dengens. De Radio gét ower allerhand hârt, we' ech erakommen. Kuck hei d'Alice, „die Unnahbare". Dem Marcel hât et Trei geschwur bis an der Do'd. An hei sëtzt et engem aner um Scho'ss. Wat he'eren ech? D'Madam huet vun engem Jong eso'gur en neit Kléd geschenkt krit, an och vill Flésch, Botter a Kaffi a Bechsen kritt. Majo dann — —. Den Ekel röselt mech an ech eraus. Elo mâchen ech nach e Sprong a mei fre'ere Stammcafé. Drei Leidd sötzen um Stammdösch. Si schwätzen iwer alles: Anstatt datt iwerall ge'f richteg ugepakt gin, ge'f d'Land ömmer me' dem Ruin entge'ntbruecht gin. D'Leidd sin net zefridden matt der Geldregelong. Fir de' Evakue'ert ge'f net vill gemat, dach Löschten opgestallt. Benzin wir nömmen fir de' Besser do. D'Autoen fir d'Liewensmöttelen, de Brand, d'Arbechter ze fe'eren, kre'en bal ké Benzin. Dén ass nömmen do fir hamsteren ze furen, fir op d'Baler an op d'Soiréen ze furen. Nom Misär vun de Letzeburger an Deitschland ge'f net gekuckt gin. Keng Urdnong an de Verwaltongen a Betrieber. Bis elo nach keng Bestrofong vun de Landesverre'der an Uschösser. Protektio'nswirtschaft, Oennerdreckong vun de Widderstandsorganisatio'nen. Eis ganz Regirong ass eröm um Dill, o'ni den Här Margue. Nach ké Rapport ofgin -- vun déne Versprìechen am Radio bis elo nach neischt gehalen. A we'nt dém Quatsch um Radio sötzen der eso' vill am KZ.

Raus aus dem Café an an de Grond. Ech si virwötzeg, wien do soll sötzen. Ma de' gesin allerhand gudd aus. De' leien bal we' dohém an hire Better. Ech wöllt, ech hätt meng drei Jor och hei am Grond ofgebrommt. T'huet kén opgelafe Fe'ss, kén agefale Baken an Aen, allegur sin se zimlech gudd geklécl. Ech mâchen den Tour, awer do félen der nach vill heinidden. Ech denken un de' Hären um Stammdösch.

„Die Sendung ist vorbei", he'eren ech hanneru mir, „Feindflieger sind gemeldet." Ech sin net se'er genuch op vum Stull, a schon hun ech eng mam Knöppel iwert de Reck. „Sofort in deine Zelle, du Sauhund", gin ech ugerannzt. Ech verschwanne we' de Blötz a meng Zell an hu mech do op meng Brötsch geheit, de Plafong bekuckt, an du si mir och schon d'Tre'nen lânscht d'Baken erofgelaf. Firwat?

Meng 3 Jor Prisong hu we' am Fernsehkucker Parad viru mengen Aen gemat. Muerges öm 3 Auer verhaft an direkt an d'Villa Pauly (Här Dokter, mâcht dir matt de letzeburger Banditen wat d'Preisen matt eis mâchen, nämlech DISSECTION EN GROS?). Eng Portio'n matt der Fauscht a matt Knöppelen, d'Trap erageheit, an du an de Grond. E pur Deg neischt z'iéssen, an dun op H. Verhe'er, Stréch, net vill z'iéssen — Stréch, Verhe'er, an dann op d'Brötsch. Me'ntlâng! Ké Radio, ké Lâchen, ké le'we Bleck, ké Kino, neischt, — liéweg begruewen! An du hir. — An all dat, weil ech de Mond net op kritt hun. An hei muergees fre' op, direkt eng onmönschlech Arbecht, durop 3 mol am Haff ronderöm ze lafen, dann eng kal Dusch matt Stréch vun enger feiner, drohten Gêssel. D'Resultat: zesummegerannt. En Emer Wâsser iwert de Kapp, e pur Fo'sstrött an d'Seit, ech eröm op an un d'Arbecht. Bis möttes neischt z'iéssen. A wat fir en Iéssen. Net dat, wat ech zu Letzeburg am Kucker gesin a gehe'ert hun. Keng Möttesrascht. Schaffen, Stréch, Stréch a Schaffen, dat wor an ass hei eise Menu. An dobei denken ech all Sekund un hém, soss hätt ech de' 3 Jor net gepackt. Wié mech fre'er kannt huet, kennt mech haut net me' eröm. Keng Hoer me', a wann nach, si wire kâzgro. Meng Aen hu vill gelidden. Mei ganze Kierper ass nach e Skelett. Ech weien nach vleicht 80 Pond. Nél un de Fangeren hun ech keng me'. De' Sadisten hu mer se lieweg ausgerappt, well ech meng Frönn zu Letzeburg net wollt verroden (haut liéwen de' dohém a Saus a Braus). D'Nél un den Ze'wen hu se mer matt engem ro'dgliddegen Steck Eisen lues a lues ewech gebrannt. Meng Fo'ssuelen sin allerhand dönn. De' krut ech matt gliddege Kuelen verbrannt. Op menger Broscht an op mengem Reck könnt der Xylophon spillen.

Wa se hei gudd gelaunt sin, da get sech absöns amese'ert. Puddelplakeg önnert eng kal Dusch am Wanter, dann e purmol am Haff ronderöm, da schwêsswârm stoe bliwen, en Emer Wâsser iwert de Kapp, eng Stonn eso' als Eismännchen do stoen, dann eng Portio'n Knöppelen matt Dären, vill Bludd an dann op d'Brötsch. Plakeg op e Folterdösch, Hänn a Fe'ss ugestreckt. E Rad get gedre'nt. Den Dösch get no alle Seiten auserné gezun, an dobei get d'Rad lues virugedre't . . . Da krâcht et engem um ganze Kierper. — Stonnelâng mam Kapp önnert dem Dröpsschlag, oder den Dröpsschlag op d'Fo'ssuelen. Dat hält é bal net aus. Et get é geckeg. — De ganze Kierper glad rase'ert, matt enger graffer Biescht ofgeriwen, dann op eng Rei Walzen matt feine, pickege Spötzen. D'Walzen gin hin an hir gedre't. Dat juckt aköddelt én, datt et e Genoss ass. Vum Reck op de Bauch, de Kierper matt Esseg ageriwen an eso' virun.

Dèr Spillercher hu mer hei vill, a wann d'Grenz op wir, ech ge'f Iech eng Köscht voll schecken fir Sylvester!

De Mann vum Tram.

(Bre'f per airpost ukom.)

Bre'f aus engem Lager

Mir gin heimatt onse Lieser e Beweis vun onser Guddmiddegkét:

Mittwoch abend, 8. November.

Meine allerliebste Griddy!

Habe deinen allerliebsten Brief vom Mich erhalten samt dem Päckchen. Vielen lieben Dank. Ich habe mir nämlich viel Sorgen um dich gemacht. Sei nur ganz ruhig, denn sowie ich hier vernommen habe, bin ich in 3—4 Wochen bestimmt bei dir. Mach dir also absolut keine Sorgen um mich.

Du brauchst auch nicht bei mich zukommen, denn es ist dir viel zu weit und gefährlich. Der Emil schmuggelt mir den Tabak so nach und nach ins Lager. Die Lage ist hier augenblicklich **sehr gut. Es ist mehr der raus will.** Die Bauern füttern uns ganz prima. Zwei Mal Fleisch täglich, da kann man ja nicht klagen. Die Leute ärgern sich alle über den Blödsinn, den diese Idioten hier angestellt haben. **Wir sind zu 90 Mann, 46 Pg., und haben Relationen mit K. und B. und sind alle guten Mutes.** Was die Befort Sisy anbelangt, sie macht mir die Wäsche noch immer fein und ist ganz nett. Ihr Mann ist schon seit drei Wochen in Luxemburg und sie ist noch immer ohne Nachricht von ihm. Ihre Eltern sind bei ihr. Meine Eltern sind in Medernach, soviel mir Lampisch Neckel sagte, bei Schanz Gritt (Becker). Philipp und Alois sind auch noch munter. Lass mir nur bitte die Sau Schaaf in Ruhe bis ich raus komme, denn die wird ja ohnehin interniert. Unsere Keddy ist in Betzdorf. Bei mir war noch keiner, es ist auch gut so. Ich habe mit dem Jos Hoffman gesprochen von Osweiler. Ich brauch nur direkt bei ihm anzufangen, dann können sie uns alle klibbern. Was? Mach dir nur keine Sorgen, geh nicht mehr bei die Saubauern. Du kannst Margrit ja nachher alles zu gut machen. Besten Dank für die 20 Franken, ich brauche weiter kein Geld, denn ich habe ja bei allen Bekannten Kredit. Sage Margrit viele Grüsse von dem lieben, guten dummen Heiny. Ich werde bald bei der Gudi sein, da „stepst et", pass auf. In Schandel ging am Samstag eine V 1 nieder, der Emil war dahin schauen. Das Schuppendach von ihrem Haus ist abgedeckt, sonst ist der Schaden gering. Wir waren beim Emil auf dem Hof ein paar Tage. Gute Kost und viele viel Schmieren. Liebe Grüsse an Josy und Sisy u. Mammi Pit. Hoffentlich kommt Josy jetzt auch bald nach Hause. Nun liebe Griddy mach mir keine Sorgen und weine bitte nicht, bin ja bald bei dir. Also will ich schliessen mit vielen lieben Grüssen u. einem dicken Kuss, dein

Heiny

muss Emil den Brief morgen mitgeben. Du musst mir nicht unbedingt schreiben, doch es ist besser, man weiss wo man sich hat.

Nuecht Griddy.

Wat sin a woren mir Ochsen!

E Bre'f vun der Grenz

„D'Geld rege'ert d'Welt", héscht en alt Wo'erwurt. Dat soll zu guddem Dél och stömmen, well de' Kleng m e n g e n et a s o e n et och an de' Deck m e n g e n et och, ma si soen et n e t. Ent stét derbei fest: Fir d'Welt oder och nömmen eso' e klengt Ländchen we' eist ze rege'eren, durfir brauch é Geld. (Durfir hu mer jo och neies kritt.) A wat eppes me' rar ass, wat én et me' respekte'ert. (Durfir hu mer es och net vill kritt.) 2 000 Frang hun eis 300 Mark kascht. (Wann én se hât.) Dat huet dem neie Frang scho Respekt verschaft. An der Belsch waren d'Frangen eppes me' bölleg. Fir 2 000 al Frange kruten se 2 000 neier. Mé wat net vill kascht, dâgt och net vill, soen d'Leit, an 't gött och net geschat.

Fir d'belscht Geld schengt dat we'negstens wo'er ze sin. Dat wöll ech Iech elo beweisen:

Ech war des Dég op Arel fir mein Elst do an d'Pensio'n ze din. Eist Suss war och matt. We' mer d'Affär du an der Rei haten, ass hatt an d'Stad verschwonnen an ech hu mussen op et warden. Du sin ech dann durch d'Gâsse scharjékelt an hun d'Leit an d'Heiser gekuckt. De Wand huet geblosen an ech hu mech alt geschuddert a geduecht: Du wèrds der dach bei dém lo'der Wiéder neischt oprafen. Hei fale meng Blecker op émol an eng Vitrine, wo' eng ganz Rötsch Fe'werthermometer lo'gen, just de'selwecht, we' eise Pol sech de' lescht Woch nach én an der Stad kaft hat an derbei sot: „So' eppes soll jidferén am Stot hun well 't wéss é késs, wo' a we'ni én et ka gebrauchen." Démols hun ech mer ké kaft, well e **16** letzeburger Frang kascht huet an ech ké vun déne sche'ne neie Geldscheine: wiéssele wollt. Elo hat ech och belscher bei mer, de' mer net so' stârk un d'Hèrz gewuess waren (vleicht well se net eso' sche' sin), an ech duecht mer: Profite'er vun der Geléenhét a kaf der elo en Thermometer, vleicht sin se hei zu Arel och nach me' bölleg. — So' hun e c h geduecht, ma de Mann hanner der Te'k net.

„En Thermometer wannegglift . . . . jo, é fir d'Fe'weren ze môssen." An ech léen en Zwanzegfrangschein op d'Te'k. Wuelverstan e belschen.

„Do musst der ower nach eppes Klenges derbei léen", mengt de Patron.

„So'? Hei sin dach zwanzeg Frang. Wat kascht dann dé Spâss?"

„Siwenanachzeg Frang, Mössiö."

Ech kucke vleicht so'we'so' schon net éschtlech gescheit dran, mé we' ech dat gehe'ert hun, war ech wuel . . . nujé, 't siéf dann. Ech hun demi-tour gemâch an d'Lach gesicht. An dass ech Fe'weren hat vun Irger a Roserei, dat hun ech gespurt, — och o'ni Thermometer.

Ech hu mer du ower gesot: Tjöft, et muss dach net vill mam belsche Frang lass sin. We' schle't de belschen Arbechter sech nömmen haut erdurch.

An nach eppes hun ech mer derbei geduecht: Wann e belsche Frang eso' vill wèrt soll si we' eisen a wann é fir de belsche Frang eso' märdesch we'neg kritt, we' lâng solle mer dann nach eppes fir eise kre'en?

Dat war ower nach net alles. Ech war nach keng fönnef Minutten op der Strôss, du könnt eist Suss. An ech hun em ofgesin, hatt hat och Fe'weren.

'T war him net vill besser gângen. Hatt wollt sengem Klengen e Pur Kannerschong kafen.

— „Hutt Der dann Tickéen oder e Bezugschein?" frot d'Joffer am Geschäft.

— „Gewöss".

— „Oh, dat huet och so'we'so' neischt ze soen, well 't si keng Kannerschong me' do."

— „Elo, dat héscht „nén", ech hu k e n g Tickéen."

— „So', Dir hutt keng Tickéen? Ower Geld? Da lôsse mer emol kucke goen."

An du ko'm d'Lo'der sche' matt enger ganzer Auswiél Kannerschong. Mé d'Preisser. — An eisem Suss sei Klengt wärd wuel nach lâng matt sengen ale Schlappen mussen dorömmer lafen. „'T mengt é grad, d'Geld hätt ké Wert me'", sot eist Suss. — „Ech hun och eso' geduecht", war meng Aentwert, an ech war domatt ganz am Dictionnär vun der Mumm Se'ss.

EDITORIAL

(Fortgesat vun der 1. Seit)

En Ament huet et geschengt we' wann eng nei Partei sech der liberaler Politik ge'w entge'ntstämmen. Mé an armse'leger **Kirchturmspolitik hun d'Parteien** sech önnert enén zerbalegt. An am Land huet eng Oligarchie domine'ert, de', wann en haut drun zreckdenkt den Optakt gin huet zo' dem ongeheieren Léd, wo'renner Land a Vollek am Laf vun de Joren bal zezummegebrach ass. Haut, wo' mir d'Geschicht vun de leschte 40 Jor iwerkuken, froe mir eis wo' et me'glech wor, datt eng letzeburger Regirong an eng letzeburger Chamber konten eng Zollunio'n op 60 Jor matt Deitschland ofschle'ssen. Wién d'Verhältnesser e we'neg hei am Land kant huet, wién wo'sst, we' dach ömmer nömmen de Gro'ssen drop aus wär fir de Klengen ze ermelzen, huet sech musse soen, datt Deitschland durch seng Dominatio'n an der Wirtschaft besonnesch an der Gro'ssindustrie d'Möttel an der Hand hat lues a lues no der wirtschaftlecher Annexio'n och d'politesch Annexio'n erbeizefe'eren. Eso' lo'gen d'Affären ge'nt 1910 hei am Land. Op der enger Seit eng allmächteg Gro'ssindustrie, de' hir Leidd iwerall sötzen hat, op der aner Seit e klengt Vollek wat sech önnert enén zerapt an zermault. Et lo'g am Zeitgéscht vun démols datt fir eppes Ideales net vill Plaz wor. An dach go'w et nach LETZEBURGER, de' me' weit gesin hun, de' et gefillt hun datt önnert dese Konditio'nen lues a lues der Dag mist kommen, wo' d'letzeburger Vollek dem Oennergank entge'nt geng. Fir duerge'nt opzetrieden hu sech am Jor 1910 eng Parti Letzeburger zesammegedoen an önert dem Numm LETZEBURGER NATIONALUNIO'N dat geschâfen, wat démols vun engem gro'ssen Dél verlâcht a verspott, dach de Grondstén wor vun dem Bau, dé mir haut als UNIO'N vun de LETZEBURGER wöllen opfe'eren. Haut gesi mir an dese Sâchen vill me' klor a mir verstin, datt grad aus dem Vollek d'Reaktio'n ko'm op all dat wat d'Parteie leider net verhönnere konnten.

An de Joren em 1910 wor d'Lédong vun der ganzer Gro'ssindustrie ausbehale vu Rodange an deitschen Hänn. Iwerall woren se an der Spötzt. D'Eisen- an d'Stolproduktio'n ass ömmer me' an d'Lucht gang an deitscht Kapital huet domine'ert.

A lues a lues huet et ugefângen ze himmelîchten.

En Drock an eng Onro' lo'g îwert Europa. Iwerall huet et no Polwer geroch. Am September 1913 publize'ert de franze'schen Senator Berenger sein sensationellen Artikel iwert d'Trouée de Luxembourg.

Wir et do net ugezeigt gewiéscht, datt e klengt neutralt Land bis a seng klengst Verpflichtongen sech de' gre'sst Reserv opgeluegt hätt. A grad desen Ablék, um Virowend vum Weltkrich zede'eren Regirong a Chamber zesoen de Rescht vun de Minette[illegible]ssio'nen un de' deitsch Gesellschaften. Den 2. August 1914 ass Deitschland [illegible] Urtel a Recht an onst Land agefall. Ve'er Jor lâng, grad ewe' haut blo'w Letzeburg vun de Preise besat. Et wore Jore vun Oennerdreckong a Schan. Vill Letzeburger go'wen démols verschléft. An dô sin dem Vollek d'An opgâng. Wann och d'Resistenz net grad eso' organise'ert wor we' a desem Krich, dann hun d'Letzeburg[illegible] [illegible]er stawer durgeh[illegible]en. Et wo[illegible] [illegible]g h[illegible]t a batter Zeit. Besonnesch well et an der Politik kén énegt Zesummegoen konnt gin. Verbuert an hir Parteiidien sto'ngen sech de' énzel ge'ntiwer. Mir wösse wuel, datt d'Land ge'ntiwer dem Okkupant neischt kont mâchen, mé we' sche' wär et gewiéscht, wann d'Letzeburger önnerenén éneg gewiéscht wiren! D'Zeit wor nach net dô; et huet nach musse me' schro kommen ir mi[illegible] agesin hun, datt nömmen an der Enegkét och eis Stärkt ge'w leien. Deser Idi wollt d'Vollek Ausdrok gin an déne verschiddenen Organisatio'nen, de' am Lâf vum Krich gegrönnt go'wen. An dô wor et alt eröm de klenge Mann, dén de Wé gewisen huet. D'Arbechter, d'Eisebunner, d'Beamten hun sech hir Organisatio'nen geschâf. A we' sche'n wor et am Ufank. All [illegible]e mir éneg am Zill an am Wé. Bis och alt eröm doran d'Onénegkét sech erageschlach huet.

Ent hu mir trotz allem aus dem gro'sse Krich eriwergerett, d'Devise:

„Letzeburg de Letzeburger!"

de' nom Krich lues a lues de Wéweiser go'w, fir dach eng Ke'er d'Enegkét ze erréchen. An déne schwe'ren Dég vun 1919. Bei der Annexio'nspropaganda fir Frankreich a Belgien, beim Referendem iwerall wo' mir op der Barrikad stongen, fir de' nei gewonnene Feihét ze verdédegen, wor et ömmer de Refrain vum „U Letzeburg" dén d'patriotescher Gefiller opgebâtscht an ömmer neie Mutt gemâch huet.

Mir können de' Period vun 1920 bis 1939 iwerspràngen, well mir se ze soen all matt erliéwt hun. Am Jor 1939 hu mir eis 100järeg Independenz gefeiert. Et wor we' wann en neie Wand iwert d'Koppen vun eiser Hémecht ge'w blôsen. All stonge mir geénegt am Dengscht vum Land. Vere'ert vu Gro'ss a Kleng huet hir Kinneklech Altesse, ons le'w Gro'ssherzogin, d'Sympathibeweiser vun hirem Vollek entge'ntholl. Et wor we' wa mir all gespûrt hätten, datt de' schwe'erst Period vun eiser Geschicht ge'w kommen.

Soll ech Iech verziélen vun de leschte ve'er Jor? Soll ech e Bild zéchnen vun all dem Léd, wat Land a Vollek mattgemâch hun. Nén, dofir hu mir alleguer d'Hierz nach ze dek. An all Dag schreiwe mir weider un der Tragödie vu Letzeburg. All Dag erliéwe mir weider de' gro'ss Lektio'n, de' de Krich eis get. D'Auer vum Liéwen an d'Auer vum Vollek gét onbeirt hire Gank. Fir eis schle't d'Auer ömmer nömmen dat ént: **Enegkét.**

Wann d'letzeburger Vollek aus dem gro'sse Stierwen sech des Enegkét eriwergerett hätt, da wêr de Krich net emsoss gewiéscht. Net emsoss wêr den Do'd vun eise le'we Jongen. Net emsoss all de' schwe'er Stonnen vun eise verschléfte Mattbirger. Hinne ge'ntiwer hu mir eng helleg Pflicht. Aus hire Griéwer ruffen se all eis zo': Le'w Letzeburger! Fir d'Hémecht a fir Iech si mir de schwe'ere Wé gângen. Fir Iech hu mir gelidden, bleiwt der Hémecht trei! Sidd éneg, éneg, éneg!

An dem Wûrt: Enegkét leit de Programm vun der Unio'n. Zo' desem Programm bekennen sech haut dausende vu Letzeburger. Fir dese Programm liewen an affere si Dag fir Dag. Un Iech ass et ze iwerléen op dir Iech derzo' wöllt bekennen. Mir sin iwerzégt, datt Dir all könnt dermatt averstane sin.

D'Unio'n stét am Dengscht vum Land. Hire Schöld ass blank. Stellt Iech alleguer matt an d'Reien an hölleft des Enegkét erréchen. Bekennt Iech elo, grad ewe' an de battere Joren vum Krich zo' dém, fir dat eso' vill vun eise Leidden gelidden a gebludd hun, zur Devis:

Letzeburg de Letzeburger!

H. R.

Du le'wt klengt Letzeburg

Verstoppt töscht ve'er Nopeschlänner,
Matt Freihét, Sche'nhét iwerall,
Hat dach den ale Völkerschönner
Dech, Hémecht, font an iwerfall.

Wat hu se misse vill erdroen,
Deng gudd, brav Leit, le'wt Letzeburg,
Nach haut ass d'Land voll Leiden, Kloen,
Oem deng Verschléft a gro'sser Suerg.

Du bludds nach vill, le'wt, hierzegt
|Lännchen,
Op denger Grenz ass d'Sâch nach schlömm;
Dach plot dech me' ké Giélemännchen,
An d'Grande-Duchesse ke'nt bal eröm!

O Himmelsmamm, fe'er duerch d'Befreier
All ons Verschléft rem zreck an d'Land,
Entfâch an ons en e'wegt Feier
Vun Dank a Le'wt fir Dech an d'Land!

PB.

28